


# eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch  
Lëtzebuerg

2. Trimester      Nci Folleg / 4 Hefter pro Jor, dovun 1 Extra-Serie  
1992                Drock: Kremer-Muller & Cie L-3895 Péitz

Nr 35

Willy Goergen:	Al Steinmetz:	
Leontodon Taraxacum	Eng Vakanzgeschicht	69
Henri Rinnen:	Jhoss Medinger:	
D'Pissblumm	D'Odyssee vum	
Raymond Schaack:	Conter Fraihectsbeemchen	71
Waarm Deg		
Henri Rinnen:	Emile Steffen:	
† Harry Godefroid (1877-1942)	Rapport vun der Generalversammlung	
Robert Siuda:	vun der AL vum 14. Mäerz 1992	73
Klengegketen		
Dieter Zimmer:	Pierre Posing:	
Wéi de Paulus zu Korinth gepriedegt	Optimismus	81
huet (II)		
E. Arnoldy:	R. Wohlfart:	
Den Tränteljhemp.	Zeechnungen	82
Jhang Jonas:		
Et as nät ze glewen...	h.r.:	
Tom Thies:	Vum Colette a Fernand	
Erënnerungen un d'Vakanz bei de	bis hannesch bei de Litty	83
Grousselteren (V)		
Een Dag Zwangsaarbecht	h.r.:	
E. Devaquet:	Notizen	86
Mäi Fréier / Éiweg Plo		
R. Kartheiser:	h.r./Gjpr./J. Steffen:	
nuets...	Aus dem Bicherbuttek	91
R. Ludes:	Pierre Posing:	
Spaass hin, Spaass hir	Sexothérapie	95
	Gil Mandy:	
	Och emol e Luef, mä...	
	och e puer Datzen	96



Willy Goergen

## Leontodon Taraxacum

Wat blénkt sou goldeg do vu wäit  
Wéi d'Knäpp vun engem Hochzäitskleed?  
Eng Krinolin vu grénger Seid  
Hir Wolange rondëm sech spreet.  
An aus der Jupe sou schickege fein  
Streckt sech eng Tail schlank wéi eng Gäert.  
De Struwwelkapp voll Sonneschäin  
Huet d'Hoèr iwver d'Stir geschäert.  
Wéi heescht dat Mënsch mat  
séngem Numm?  
– Leontodon Taraxacum.

Et wor eng Hiewan ganz gewëss,  
Déi an dës Bloum verwënscht as gin,  
Well wann s de vun de Blieder èss,  
Dat wiirkt op dech wéi 'ng Medezin.  
Woors onbehollef, déck a steif,

Erléist gës du vun allem Drock,  
Sou libber spiirs du dech am Leif  
An d'Blutt as gläich erëm am Zock.  
Ni méi vergëss du dann den Numm  
– Leontodon Taraxacum

De Summer dréckt op Feld a Gaari.  
Du mécht si sech e Präbbishutt  
Vu Fiedercher schnéiwäiss an zaart:  
Déi Truecht geet hirer Schlankheet gutt.  
Hei kënnt de Wand a Schapp fir Schapp  
Rappt hien hir Hutt an Hor vum Kapp  
A spreit se wäithin iwver d'Land;  
D'aarm Bloum trëllt dout duer an de Sand.  
Zum Spottwuert gouf verdäitscht  
den Numm.  
– Leontodon Taraxacum.

Henri Rinnen

## D'Pissblumm

Wéi nennt Dir déi Blumm, hei op der zweiter Deckelsait? Eng Blumm, déi csou vill Nimm ueter d'Land an iwwerall huet. Jiddee ree kennt se, se wüsst ze soen iwwerall. Am Gaart huet ee sc nüt gär, do as se nüt gelidden, mol nüt am Wues beim Haus hautdësdaags! Mä soss. As sc dann nüt schéin, déi goldgiel Blumm, déi fir sou munneches gebraucht gouf, vun de Leit an der Volleksmedezin, vun de Kanner...

Hire wissenschaftlechen Numm *TARAXACUM officinale*, oder och *Leontodon taraxacum officinalis*, wat dem däitsche Löwenzahn entsprécht. *Taraxacum* as mlt. a gouf géint d'Taraxis gebraucht, Taraxis as e Stoff aus der Wuurzel, dee géint liicht Infektionen vun den Ae gebraucht gin as, an nach, wann ce liicht, jc, Duurchernen am Kapp wir. *Tanaxis* wir mlt., wir eppes, dat een aus dem Blutt vu Schizophrene kënnt gewannten, dat no e puer Injektiounen (Sprëtzen) bei gesonne Leit Symptomer vu Schizophrenie bewirke géif. (Nom Eduard Avenarius: «Was muß der Gebildete vom Griechischen wissen» — 1905). A wann een a Bicher vun «Hcilmflanzen» kucke geet, da licst en do, datt dee battere Saft d'Waasser géif doe goen, et géing ee gutt ze Stull, et géif d'Blutt rengegen, an et wir ganz gutt fir eng «Fréijoorskur». — Dofir cise *Bettsechesch a Pissblumm a Bettischésser*. — An der «sympathescher» Medizin gët se géint d'Gielzrecht geholl, nom Motto: wat sech gläicht, helleft.

D'Möllechkéi, déi d'Blicker gäre friesse sollen, géise méi Möllech gin; et heescht awer och, datt dovun de Botter giel géif. (De Botter, am Éislek d'Botter, wor émmer méi giel gin, warn d'Kéi op d'Wec gongen.)

Vun denen honnerten däitschen Nimm sie wen hei opgezielt: *Löwenzahn*, *Kuhblume*, *Kettenblume*, *Mönchskopf*, *Butter-*, *Hunde-*,

*Dotter-, Maien-, Pferde-, Popenblume*, *Bettpisser*, *Pfaffenrörlein*, *Sonnenwirbel*.

Et mag een intresséieren, wat d'Gebriddér Grimm an hirem «Wörterbuch» ugin: «*eine der vielen benennungen, löwenzahn, um der sonnen willen, sonnenwürbel, merzenblume der zeit halber, dotter- oder eyerblume, um der gälen farben willen; pfaffenblatt und mönchsköpf, der blatten halber; peszemen rörlein um der wirkung willen; dentem leonis, lewenzan, der blätter halben mit den spitzen zänen; weg- oder wysen lattich, der gestalt und milch halben.* (Bock, Kräuterbuch) Ënnert «*Kuhblumme*» fannen mer dann: *Löwenzahn*, *dotterblume*, *käseblume*; «*butterblume*» géif och d'*caltha palustris* genannt — eng Planz, déi mir am Éislek *Fräscheblumm* genannt hun.

D'Fransouse nennen se *dent-de-lion a pissenlit*, wou se sécher och nach aner Bezeichnungen derfir hun. Wann et bei hinnek heescht: «*manger le pissenlit par la racine*», dann as et dat, wat mir als «*d'Muerte vun éinne gesi wuessen*» bezeichnenc.

Si hun am Frankräich och nüt eleng aus de Wuurzelen dc «*fausse chicorée*» gemaacht, dat mouch méng Groussmamm och. Déi déckst Wuurzele sin a kleng Stécker geschnidde gin, gedréchent, dat wor dann de Schikri.

Ernimme mer némmen den hollänneschen Numm *Paarde-, Peerdebloem a Leeuwentand*, an den engleschen *Dandelion*.

A wéi heescht se bei äis. Nom Henri Klees, «*Lux. Pflanzennamen*»: *Äerblumm*, *Äerstack*, *Beienzalot*, *Bettsechesch(blumm)*, *Bettischésser*, *Botterblumm*, *Blosblumm*, *Duederblumm*, *Hondsblumm*, *Jongeblumm*, *Kéischwapp*, *Ketteblumm*, *Ketze(l)blumm*, *Ketteplausch*, *Luchteblumm*, *Minnechkapp*, *Pissblumm*, *Pisszalot*, *Speckpitsch*, *-bitsch*, *Wisen-*

*zalot, Zaloteblumm.* Wa's ausgeblitt si, gin se vun de Kanner *Blosblumm* genannt; an da *Minnechkapp, Këssemcher, Kësschen, Lanter, Liichtercher* (dat lescht nom Dicks séngem Planzendixionär). Wat nach ugin as: *Vupperen a Réngelblumm* as vläicht nêt z'ënner-schreiwen, obschongs een ni weess, ob et stëmmt odder nêt. Déi mœsch vun denen Nimm loossen sech liicht verstoen a gläichen denen däitschen. Plausch as eppes, wat vill Blieder huet, wat «plauscheg» as; jiddee-wäerd wësscn, wat e Putsch, e Schwapp as; *Botter- an Dueaderblumm* versteet sech weinst deer gieler Faarf; *Ketteblumm*, well d'Kanner mat den huele Stiller sech (Hals)ketten dervu gemaacht hun; bei *Minnechkapp* as nun nêt un e Minnech, e kastréiert Päerd ze denken, mä un eist alt Wuert fir e Mönch. *Speckpitsch* as ze verstoen, well soss Speck ausgegreet gouf, fir Fett iwwer de Bettseecheschzalot ze schidden an d'Gréiwe mat drop koumen.

Äerblumm, Dueaderblumm versteet een ouni laang ze kalenniferen. As et nêt eppes wéi den Dueader vum Å? Op Jongeblumm weess ech mer kee Räim ze maachen.

Ob *Vupperte* vläicht dohir ze verstoen as, datt d'Kanner sech doraus eng Aart Fleet, Päif géifen se am Guttland soen, gemaacht hun? De Still gouf op eng bestëmmt Längt ofgeschnidden, op engem Enn eppes ofgeschappt, a wann een déi dann an de Mond gestach a geblossen huet, huet se gefiipst, en hellen oder méi donklen Toun, jec nodeem wéi laang d'Steck Still wir. Et wor dat selwecht, wéi een sech esou eng Fip aus der Schuel vun engem Hieselter konnt maachen, fir an e «Waldhuer» ze stiechen. — *Blosblumm*, as dat nêt méi schein ewéi «*Pustebumm*», wat eis Kanner haut an der Schoul léieren? Lo hun ech mech erëm, oder cwell, a méng Kannerzäit verrannt, wa mer d'Kéi gehutt hun. — Aus engem Karhallem hu mer grad esou eng Fip gemat. —

Am Fréijor si mer als Kanner ugestallt gin Zalot ze stiechen ze goen, wat mer (nach laang) nêt gär gemaacht hun. E wor nêt esou

goltegiel — dees esou konnt een a geplout Stécker oder a Mauléfskéip fannen — ewéi deen deen een haut ze kafe kritt, mä dach wuel sou gesond. Soubal d'Knäpp (Blumm) sech gewisen hun, da wor et aus mam Zalot-testieche goen.

Vläicht nach eppes iwwer den Zalot, wann een dem «Wörterbuch der Volkskunde» glewe kann: de flammännesch Brauch fir d'Botterblumm oder de Bettseechesch als Zalot ze brauchen, hätten déi Däitsch aus dem éischte Weltkrich mat heem bruecht.

Da waren si awer wäit hannendran, well doudsécher as laang bei äis virum éischte Weltkrich (Wisen)zalot gestach gin!

## Raymond Schaack Waarm Deg

Verdonst as all Drëps Waasser

De Buedem jälzt no Reen

Bis an déi déifste Baschten

baakt och dee kaalste Steen

D'Zalot léisst d'Läpper hänken

an d'Grompere gi gel

Un eise Kréisichelhecken

sin d'Blieder gro a wiel

De Reewuerm op de Schallen

wéi réngelt e sou midd!

Fënt e kee ficht Revéier

as et èm hee geschitt

Gréng géftleg liicht den Himmel

d'Mësch buet sech nach am Trach

Vu färe knuert en Dimmer

Erschreckt fiirt d'Maus an d'Lach

Henri Rinnen

## † Harry Godefroid (1877-1942)

### E Wuert virof

Viru 50 Jor wor eng vun dene batterste Stonnen an eiser Geschicht, zénter deer Zäit, wéi et erém e Land Lëtzebuerg gin as, e Land, dat 1867 fir éweg neutral an onofhängeg vun deemoige Meeschter vun Europa dekretéiert as gin. Dat sin 125 Jor. A wat dat Recht vun Neutralitéit an Onofhängegkeet wäert wor, as d'Land 1914 an 1940 gewuer gin.

«Le droit du fort est toujours le meilleur», huet ewell de Jean de la Fontaine, franséischen Dichter (1621-1695) a sénge Fabele festgehalen.

1942 as d'«Wehrmacht» fir d'Lëtzebuerger Jonge vum Gauleiter Simon «verordnet» gin, a se goufe gezwonge géint hiirt Gewëssen an e Krich missen ze goen; Jongen, déi sech nët gestallt hun oder nom Arbechtsdéngscht «désertéiert» sin - wéi wann een désertéiere kënnt, wann een näischt mat engem Krich ze din huet — sech deem Diktat entzun hun, hate mat Doudesstrof a KZ ze rechnen, hir Familjen as déportéiert, émgesidelt gin.

Dernieft as 1992 och en Erënnerungsjor fir u Leit ze denken, déi äis viru Jore fir émmer verlooss hun, déi staark Stécker op hir Hemecht, hire Këppche Land an op hir Sprooch gehalen hun.

Virun 150 Jor as den N.E. Becker zu Wuermer op d'Welt komm (1842-1920).

Virun 100 Jor as den Nicolas Gonner, am Pafendall gebuer, gestuerwen (1835-1892).

D'Post huet duerwéinst zwéi Käppercher erausgin, déi un déi zwéin erënneren, déi d'Land verlooss hun an an Amerika gezu sin. Si allebéid hun hir arem al Hemecht do iwwer nët vergiess an hir Sprooch an Éiere gehalen.

### Viru 50 Jor

Wann déi zwéi vläicht méi aus Verlaangeren un d'Hemecht an un hirer Sprooch gehaangen hun, da sin déi béis et, déi äis an d'Welt ufanks Juni 1942 Äddi soten, den Harry Godefroid († 11.06.1942) an de Willy Goergen († 05.06.1942) déi mer nët vergiesse sollten.

Hen ewéi deen aneren hun hiirt gemaacht, fir dee Këppche Land a séng Sprooch. Allebéid wornen se Schafferten, wann een sech esou ausdrécke kann. E sellechen hun si geschriwwen a publizéiert, a geruddert a gewuddert fir dat, wat si als dat Egenst vun äis ugesin hun: eis Fräiheit an eis Sprooch. Vu Beruff haten se allebéid mat der Schoul ze din, deen ee Schoulmeeschter, Harry Godefroid, deen anere Professer, Willy Goergen, fir deen den Harry Godefroid e grousse Respekt wéinst sénger Aier fir eis Sprooch hat an him zer Lier fir séng 70 Jor an der Schrëft «Liderklang an Hemechtsdank» (24 Säiten, 1937) gratuléiert huet.

## Hary Godefroid

Den Hary Godefroid as den 23. September 1877 zu Jemeppe bei Léck op d'Welt komm an den 11. Juni 1942 zu Rodange, Réideng op der Kor, gestuerwen. Säi Papp, de «Nikolaus Godfroid, Ackerer», wor de 4. Mäerz 1846 zu Léllgen (Lüllingen, Gemeng Béigen, Kanton Klierf) gebuer, Jong vum Michael Godfroid a Margaretha Genten, déi zu Lüllingen im Großherzogtum Luxemburg wunnen. Séng Mamm, Margaretha Freres, «ohne Geschäft», gebuer de 5. Oktober 1841 zu Äaspeler (Espeler, Gemeng Burg-Reuland — Duerf un der belsch-lëtzebuergescher Grenz), Meedche vum Privatfieschter Leonhard Freres an der verstuerwener Elisabeth Batta. Si sin den 9. August 1876 — 9 Jor no eiser Neutralitéits- an Onofhängegekeetsdeklaratioun — op der Gemeng vu (Burg-) Reuland bestued gin; Zeie worn de Wilhelm Klohs, Kaufmann vu Reuland an de Sekretär Ferdinand von Dhaen.

(Heirathsurkunde Nr 9. — Auszug des Standesamtes zu Reuland vom 14. Oktober 1909)

Losse mer hei aflécken, datt een an eiser Literaturgeschicht liest, si wir «Deutsche» gewiescht, dat fir déi Zäit och richteg wor, haut wir et d'Neibelscht, wéi s'am Éislek elo nach soen, well St. Vith mat Reuland jo nom éischte Weltkrich Belgien zougesprach gouf, obschongs et bis 1815 aalt Lëtzburger Gebitt wor. (Um Wiener Kongress gouf alles déi Säit vu Musel, Sauer an Our, mat Bitburg a St. Vith preisesch; 2.280 km<sup>2</sup>)

D'Eltere vum Hary sin an d'Belsch bei Léck gezun, wou de Papp wuel an de Kuelegrouwen oder an enger Schmelz Aarbecht fond huet, well hei am Land d'Aarbechtsplaze rar wornen. (De Grousspapp vum Schreiwer vun dësen Zeilen wor deemools och — ém 1870 — eng Zäit an d'Lécker Kuelegrouwe schaff gaang, huet et awer nüt laang do ausgehalen.)

Séng Schouljoren huet den Hary zu Villacr (et heescht och op enger Plaz Tilleur) bei

Léck gemaacht; «ech sin am Kuelebasséng bei Léck opgewuess», schreift hien (III. S. 53), «ennert wallouneschen tiésses de houille». (III. S. 58)

1889 koumen d'Eltere mat denen zwéi Jungen, Hary a Léngert, erém op Léllgen. Den Hary hat du 12 Jor a gouf als Kéiert bei d'Bauere verdangt. E Kéiert, d.h. een deen d'Kéi musst hidden, hat nöt némmen d'Kéi ze hidden, e musst och all déi kleng, alt ze schwéier, Aarbechten am Stall an am Haus maachen. «D'Meeschteren ower hun ons schlecht z'iesse gin, hun ons mat Aarbecht iwverlueden an dacks vill vernannt; si hun ower beileiwe nöt zou onse Feler stéllgehalten; et hat méi den Uschäin, wéi wann sc no Geleénhete gesicht hätten, fir ons Virwérf ze man a frau gewiest wären, Ursachen derzou ze fannen...» (III. S. 51) Dat huet en da fennet Jor laang misse maachen, op der Neimillen, op der Maulesmillen, zu Houfelt an zu Tratten. Wann ee séng Schrëfte glewe kann, da war dat awer dach eng schéi Zäit un déi en sech crénnert, wann e schreift: «Geraad ewéi ech méng fennet Jor Kéijongenzait nöt hiergéif fir fennet Jor Universitéit...»

Hie koum du mat 16-17 Jor op Bréissel: «Vir e Jor är véierzeg wor ech eemol Kellerbouf zu Bréissel am Hôtel des Boulevard op der Gare du Nord». (II. S. 67)

Laang wor en do nöt, E koum erém op Léllgen. Wéi et nu gaangen as, datt hien dem Paschtouer Wilhelm Zorn (\*14.6.1850 Ell, †24.1.1920 Sëll), deen do vum 1.10.1889 bis den 1.10.1898 Paschtouer wor an dem Schoulmeeschter Blau (†25.9.1930) opgefall as, fir dee waakregen a gewéztze Jong fir an d'Normalschoul virzebreeden, wësse mer nöt. As et vläicht duurch d'Owesschoul gewiescht an déi d'Kanner deemools nach zwee Jor, méi gezwongan ewéi fräiwelleg, gaange sin? «Den Här Zorn wor mäin däitsche Léiermeeschter», schreift en. (II. S. 54)



Harry Godefroid  
(1877-1942)

Séng dräi Jor an der Normalschoul fir Schoulmeeschter ze gin huet e ganz gutt gepackt, e wor du déck 21 Jor al, an de 4. Rang den 12.8.1898 mat Auszeechnung bestanen. Den 3. Rang huet en de 3.7.1901, den 2. Rang de 27.9.1902, allebéid mat Satisfaction gemat, an och den 1. Rang eruwwert (Festbroschür 1961).

Séng éischt Platz als frësch gebakene Schoulmeeschter krut en zu Boxer, en Duerf nüt wäit ewech vu Lëllgen, wou séng Leit gelieft hun. — Säi Brudder Léngert as op Boxer bestued gin. — Do hat hien dann d'Kanner ze hidden an z'instruëieren vun 1898 u bis 1901. An deer Zäit huet sech ewell gewisen ewéi e geduucht wor, an zäitlicwes gemat a geschafft huet, je, wou säin Intressen, nicht der Schoul, loug: Sprooch, Litteratur, Gesank a Musek.

Vu Boxer koum en op Guedber, wou e vun 1901 bis 1904 wor. Dono huet hien ce Jor (1904/05) zu Schuller a Rodange ersat a koum 1905 op Réideng op der Kor, wéi hien ëmmer fir Rodange geschriwwen huet, wou e säi Liewe laang blouf.

Zu Rodange as den Henri Nicolas Godefroid, 28 Jor al, mat der Joffer Marie-Catherine Pierrc, ohnc Stand, 25 Jor al, gebuer zu Rodange, den 10. Mäerz 1880, Meedche vum Henri Pierre an der Josephine Bon-temps, de 27. November 1905, owes ém 8 Auer, op der Gemeng Péiténg bestued gin. Zeie waren de Genin Jean, Bauer, de Biver Pierre, Egentémer, de Lambert Franz, Biergaarbechter an de Biver Joseph, Bauer, alleguer vu Rolléng, déi nüt matenee Familje waren. — Si kruten 11 Kanner, vun denen dèr 7 ze Liewe bliwwen sin. Séng Kanner: Joseph bestued mat enger François; Hilda; Albert bestued mat enger Barbose; Yvonne déi Schoulschwëster gin as, d'Schwëster Hildegard; Léonic bestued mat engem René Jomé; Marie bestued mam J.P. Sewen; Germaine bestued mam Lucien Bové. (Fichier: Altmann)

Den Harry Godefroid as ufanks Summer 1936 a Pensioun gaangen, den 11. Juni 1942

un Häerzschwächt zu Rodange an dér «Brunnenstraße» 6, gestuerwen. D'Briefnes wor de 14. Juni 1942, sonndes nométtes ém véier Auer, d'Läichebegänknes wor méindes de 15.6.92 ém halwer elef an der Porkiirch. — Séng Fra as de 27. Januar 1956 verscheed. — (Den 10. Mee 1940 wor d'Famill op Ollem évakuéiert gin.)

E Liewe voller Aarbecht fir d'Famill, fir d'Schoul, fir d'Uertschaft, fir d'Lëtzebuerger Sprooch, fir Litteratur, fir Musek a Gesank hat en Enn kritt, e puer Méint éier nach méi Batteres geschitt as, ewéi an de Krichsjore virdrun, wéi d'«Wehrmacht» vun den Naziën, dem Gauleiter Simon dékretéiert gouf, den Naziën, déi hie widder hiewen nach droe konnt an nüt gezéckt huet, fir hinnen dat Onrechtlicht ze weisen an ze verstoen ze gin. Et wor jo och «verordnet» gin, datt déi franséisch Familjennimm, grad ewéi d'Virnimm, an däitsch émgeännert misste gin. Hien huet dat nüt gemat. An der Doudesannounce steet wuel Heinrich, mä Godefroid as bliwwen.

«Datt hien an däischtere Stonnen, déi eis Hemecht huet missen iwwer sech ergoe loosseen, hien als tricé Patriot säi Kapp nimools gebeéckt huet, as nüt weider verwonnerlech.» (Festgof S. 10)

1941 krut e säi Radio «beschlagnahmt». Datt en sech dat nüt ouni eppes gefale wollt loosseen, as klor, wann ee weess wéi hie géint d'Besatzung an d'Naziën agestallt wor. Hien huet laudenhaart dergéint protestéiert. Et gong esou haart erof, datt d'Nopere ganz besuergt eriwwer gekuckt hun, séng Fra probéiert huet hien ze zéssen, et konnt näisch déengen. Hien huet sech nüt gin, well et gong ém prinzipiell Saachen an do huet et geheescht sech stäipen a wieren. (Festgof S. 75)

Déi Godefroid stamen aus dem Wallounischen, schreift den T(ony) K(ellen) an der «Obermosel» vum 11. November 1938 an enger Bespriechung vu «Lëtzebuerger Sprooch a Literatur», Verlag «Jong-Heemecht». Bei der Vollekszählung vun 1880

gouf et 4 Godefroid an 11 Godfroid (dem Hary sää Papp huet Godfroid, ouni e, am Heiratsakt vun 1867 énnerschriwwen — 1905, wéi den Hary Godefroid bestuet gouf: Gottfroid.) 1930 gouf et ee Godfroid (zu Befort), 28 Godefroid (een zu Betebuerg, zu Ierpeldéngé/Wolz, am Gronn, zu Néngsen a Lenzweiler, 2 zu Uewerkuer, 5 zu Feschbech/Miersch, 7 zu Schéffléng a 9 zu Rodange); nieft 19 Godfroid (een zu Bissen, Béiwen/Wolz, Déifferdang, 2 zu Klierf, 4 zu Wéntréng an 10 zu Léllgen). (Geographie der Lux. Familiennamen. Inst. g. d., Section de Linguistique etc. Beiträge XVIII. 1989)

Bei der Vollekszählung vun 1984 sin et 23 Godefroid a 27 Godfroid. (15 Godefroy, 1 Godfroy.)

Den T.K. schreift nach: et wir opfalend, datt d'Nokomme vun enger «offenbar» wallounescher Familjen ausgesprache Létzebuerg gi wiren, jo, e méi renge Létzebuerg wire gin ewéi d'Ditgens, Hengesch oder Millesch. Hei géif et sech weisen, datt Friemlännescher sech zu Létzebuerg géifen assimiléieren. Dee Band, den als alleguer géif zesummenhalen, déi mir Létzebuerger sin, as nun emol eis Sprooch, d'Létzebuergesch...

Wa soss Rieds vun eisem «Dialekt» gong, gouf «Létzebuenger Däitsch» gesot, haut heescht et «Létzebuergesch...» an do huet den Hary Godefroid och sää Verdéngscht, well en huet gesot a geschriwwen, et as kee «Létzebuenger Platt» mä «Létzebuergesch».

A mir zitéieren nach, wat 1938 vum T.K. geschriwwen gouf: Dat Bestriewen aus eiser Mondaart eng ege Sprooch ze maachen, huet esou laang wéineg Sénn, sou laang eist ganzt Sproochgebitt nüt och politesch zem Groussherzogtum gehéiert. Vläicht kënnt nach emol eng Zäit wéi an ancre Länner, wou alles, wat sproochlech an ethnesch zesumme gehéiert, sech zesumme schléissen duerf, och an eisem Gebitt d'Selwerbestémung verwirkleche kënnen. Awer bis dohin brauch et nach séng Zäit...

Den Hary Godefroid wor e Mann, e gudden éierleche Mensch an deem d'Schaussegkeet, de gewésscnhafte Sproochfuerscher an de Litterat ze gläicher Deler sech d'Hand gereecht hun. Dat beweise séng Schréften.

Doheeem roucg, gloosseen a spaasseg a lëschteg, dee gär e Liddche geluremt, d'Päif gedämpft huet wéi c Kamäin (wéinst de Gardéngéen hu séng Fraleit geknoutert) — hien hat déi Päife mat dene laange riichte Stiller nüt ze leiden — a sech un d'Schreiwe gin huet bis an d'Nuccht cran. Jo, esouguer an der Paus an der Schoul, konnt en sech nüt èmmer enthalten sech Notizen a Spiichten ze notéieren, do dann och derbäi d'Päif nüt an der Täsch konnt loosseen — da wor no der Paus en Damp am Sall ewéi an engem Schaschtech (Festhof). Hie selwer schreift, datt e gär e gudde Patt Wain gedronk hätt, an no der Schoul sää Kareli geschnauft huet — dat géif der Dichterei Flillécken — wuel nüt all Dag, mä samschdes, wann e, fir

#### Pierre Grégoire, Ministre des Arts et des Sciences:

Hary Godefroid est, pour moi, un de ces hommes de valeur, disparus dans l'immensité des temps révolus, qui ne cessent de marquer leur présence spirituelle par des rappels incessants d'actes et de gestes, de contacts épistolaires et littéraires, ainsi que de dialogues intimes qui, il y a un quart de siècle, nous ont permis d'explorer, en quelque sorte, les domaines inconnus de la littérature nationale d'expression luxembourgeoise, de dresser un inventaire de notre patrimoine linguistique, d'esquisser des plans pour la mise en relief de nos biens culturels et de rêver ensemble à l'enrichissement progressif de notre trésor spirituel.

(Festhof zur Gedenkfeier vum Hary Godefroid, 22.-24. September 1961 — S. 8)

d'Kanner, eng hallef Stonn gestréppt huet. Iwwerall huet e mat ugepaakt, wann hien derfir ugesprach as gin, et sief fir Fest- a Veräinsbroschüren, fir Kantaten, fir Rieden an Usprooche bei enger Primiz, bei enger Hochzäit, fir Fuesentszeitungen, jee, fir all Gcleënheten, wou gemengt gouf, hic kënnnt hëllefen, an hie wir dee richtege Mann derfir. Wat hien alles geschriwwen huct, kann een an der Festbroschür «Festgof zur Gedenkfeier vum Hary Godefroid, Réidéng 22.-24. September 1961» lesen, wou awer déi sellechen Artiklen aus den Zeitungen an Zäitschriften nüt all ernimmt sin, déi hei am Land an am Ausland publizéiert si gin, grad ewéi séng Rieden oder Konferenzen, déi en souguer bis an Ostflanderen gehalen huet. Den Hary Godefroid, gutt gesat, mëttelgrouss, korpulent, wor e richtegen Éislécker, deen och am Minett nüt verstopppt huet vu wou en hier wir. Hien hat all déi Dugenden, déi dem Éislécker duurcheweich ugchaange gin, an dat solle sin: flässseg, eppes tockeg an e bësse verbruert, grondéierlech a krëschtkatoulesch.

E Vollbaart, eng héich Stir, wéi hie géif soen, eng Méck als Schlapp, an en Zwicker — Nueszwécker huet hien dee Brëll genannt — huet hien als Mensch vun aneren énnersched, wou zu deer Zäit bal all Maansmensch glat rasciert wor, wat den Amerikaner hir Schold wir — schreift en — déi 1918 deen Typ ouni Baart matbruecht hun.

Séng Iwwerzeugung als Krësch huet e kees verleechent, hien huet et dagdeeglech bewisen, vun deem séng religéis krëschtlech Aarbechten och Zeie sin. Op séng Sonndesmass huet e gehalen a wor dacks sonndesmuergs ewell èm sechs Auer an der Mass — wann en nüt als Dirigent op dem Duxall musst sin — an dann hinnen an der Kirch énner dem Duxall stong. Hien hätt deemoos csou gär, ewell als Kand, e Gebietbuch mat lëtzebuergesche Gebieder gehat a sech selwer esouguer cent, fir sech, gemaacht. Ewell déi Zäit, wéi en d'Kéi gehitt huet, hat en e Gebietbuch an der Täsch vum Kiddel an huet alt probéiert fir

erauszfannen, wat fir laténgesch Wieder denen däitschen a franséische géife gläichen a probéiert fir aus dene Sprooche Sätz an d'Latain hannesch z'iwwersetzen. An dann huet e Kiirchelidder gesongen, déi iwwer de Bann geschaalt hun, de «Lauda Sion», de «Gloria»... An ancer, mat de Kéierten zu frecks!...

Hie wor e Schoulmeeschter wéi en am Buch steet. Wuel wor de Schoulmeeschter deemoos vill méi wéi haut eng Respektspersoun. A sénger Klass wor Disziplin, ouni datt hien duerwéinst, wéi ancer sénger Kollegen aus deer Zäit, mat Kléppel, Rutt a Lincale regéiert huct. Wéi et do erofgong kann een nees an der Festbroschür vun 1961 licsen, wou den L. Weber séng Schouljore beim Godefroid sou lieweg beschreift. (S.87). Mam Léierplang an de Methode wor en nach laang nüt émmer averstanen an hat duerwéinst munnechen Disput mat de lokallen a staatlechen Autoritéiten. Dobäi huet hie kee Fangerbreit vu sénger Menong opgin a mat aller Force, grad ewéi en Déckkapp, se verdedegt. Mat deem, wat hien als gutt a richteg ugesin huet, huet e sech géint Doud an Däiwel wëllen duurchsetzen.

Sou as ze verstoen, datt hien, wann den Inschpekteur koum, gemat huet, wéi wann deen nüt do wir oder, wann deen him eppes wollt virmaachen an en a sénger Stonn énnerbrach huet, him de Réck gekéiert an zer Fénster erausguckt huet.

D'Membre vun der Schoulkommissiou hun sech guer nüt lang a sénger Klass gesaumt. Fir mat de Kanner émzegoen hat

**Jos. Philippart,**  
Buergermeeschter:

Den Hary Godefroid wor nüt némme Schoulmeeschter, e wor fir Rodange vill méi. Mer kënnne roueg behaapten, datt hien e Stéck vu Rodange selwer wor a bleift.

(Festgof 1961 — S. 9)

**Louis Lentz,**

Präsident vum Organisatiounscomité:

Et gët haut nach vill Leit, déi sech-sénger erënneren, an nach ganz oft Spichte vun him erzielen. E war sérieux an oprichteg an e gudden Deel echte Lëtzebuerger Humor huet him ni gefeelt, dat gesi mer esou gutt an all sénge Wierker. Eis Sprooch war him un d'Häerz gewuess wéi kaum engem a sénger Zäit an en huet sech domat e Monument gesat, dat haut an eiser Sprooch méi schéin ewéi je do steet. Den Harry Godefroid as nüt méi aus eiser Sprooch ewech ze denken.

(Festgof 1961 — S. 12)

hien och séng Manćier. No der Schoul do bleiwen oder Strofe gouf et nüt bal, a wann et glat a guer nüt ancscht goung, da gouf et Pouetten. Dat wir eng apaart Attraktioun gewiescht, wou dec «Schëllegen» ewéi déi aner aus der Klass — an de Schoulmeeschter Godefroid selwer — hirc Spaass haten. (Festgof S. 91/92). Dat goung esou: «X, komm emol hei hin, du Flantes.»

Dann huet de Schoulmeeschter Godefroid d'Rutt oder d'Lineal aus dem Pult gekroopt, dem «Mëssdéidegen» séng Hand geholl, guer keng fest Poute gin an derbäi skandéiert: A... wat... hues ... du ... Méchel ... némme ... fir ... än ... Gedcessems ... an e ... Geméch ... Lee...dech ... op ... déng ... Panz ... néier ... an ... dann ... häls ... de ... de ... Mond ... du ... ellene... Mupp ... — De Gestrooften huct da gemaacht wéi wann et him schrecklech wéi déng, an iwwerdeems en op séng Platz hannescht goung, huct e geschmotzlächelt an denen aneren en A zougédréckt, wéi wann hien e Merci fir déi Attraktioun verdéngt hätt — an den Här Lärer huet gemat, wéi wann hien dat nüt geséich.

Loosse mer awer nach ernimmen, datt hien säi Stonneplang hat. Mueres mat Zäit vun Nidder-Réidéng — da muss ech zu Fouss

goen, sot en — an d'Schoul, sonndës ém 6 Auer an d'Mass, wéi ewell gesot. Et gouf näischt opgeschuppt: «Emmerzou schaffen ech mer direkt d'éi kleng Saache vum Leif. An dann erliedegen ech dat, wat ech nüt gär maachen, dann créischt kënnt dat anert, z. B. d'Dichten an d'Schreiwen, da kann ech méng Saache koordinéieren sou datt ech dacks an engem Gank esou vill erliedegen ewéi aner mat dräi...» (II. S. 69).

Den Harry Godefroid wor Schoulmeeschter duurch an duurch, fir Kanner a fir Grousser. Hien huet de Renert vum Méchel Rodange gutt kannt, deen op säi Wäert ageschat an dat sech ze ege gemat, wat do steet: «Besonnesch huet der Schoulen / do bräicht der nach vill Geld / fir d'Vollek ze erzéien / dat Néidegst vun der Welt.»

Sekretär vum Schoulmeeschter-Verband wor c vun 1910 bis 1918.

Hie wousst, datt Haus a Schoul un engem Strank missten (sollten) zéien. Dofir huet en 1917 de Verain «Haus und Schule» gegrënnt; 1921 d'«Ligue des chefs de familles», wou e Präsident wor a bis an d'Belscht, Bréissel asv. Konferenze gehalen huet. Vun 1922 bis 1924 huet hien am Verlag «Haus und Schule» d'Zäitschrëft «Haus und Schule» erausgin. Dann nach «Elteren und Lehrpersonal», «Nimm und lies», Merkblatt für Eltern. Weider an deem Verlag: «Heirate glücklich!» an «Mit dem hute in der hand». (Hien huet émmer alles kleng geschriwwen, sech eng ege Schrcifwcis fir däitsch a franséisch geschaf, wéi e séngem Kolleg Nic. Pletschette vu Rëméléng emol geschriwwen huet.) Dat weist méi wéi genuch wéi e sozial- a familjepolitesch würke wollt an esou dem Méchel Rodange séng Wieder «fir d'Vollek ze erzéien» an d'Dot émgesat huet.

(geet virun)

Et gouf profitéiert vun: «Festgof zur Gedenkfeier vum Harry Godefroid», 22.-24. September 1961, «Vum Schlapp bis op d'Schlappen» I, II, 1934-35.

*Robert Siuda*

## *Klengegketen*

### *Horizont*

Versich eent nüt: datt Fachkollegen  
hir Hänn fir däin Applaus bewegen!  
Däi Succès as reng Blasphemie  
an déi verzeie Götter ni!

### *D'Leder*

Klammen, an erop bis un d'Spëtz,  
dat muss ee kennen  
a wéi et heesch, mat Wëtz a Grëtz  
a mat all Dréi, soss bleift een énnen.

### *D'Hannerhällegkeet...*

...as der Häll his Ausgebuerjt,  
si läit jo schon am Wuert  
a wien der Däiwel a sech huet,  
deen as sech kenger Schan ze schued.

### *...fir hinnen nees eran*

As d'Aarbecht bis am Haus,  
da geheit se den Aarmutt vir eraus,  
mä d'Nout, dat as eng Fuussenaart,  
déi heemlech lauert, biicht a waart...

### *Op Zack*

Déi eenzeg richteg Doktrin  
fir am Liewan Erfolleg ze hun  
as fir derhannert ze sin  
an nüt émmer d'Schlöfhauf un.

### *Dat Gutt...*

...as nüt némrn dat Schlecht,  
wat een nüt verbrécht,  
't as säi Bescht  
wat ee mécht.

### *D'Bravsin...*

...sou soen d'Leit, héil d'Gewësse waarm  
an de Bauer aarm  
an 't géing beweisen, wéi d'Eierlechkeet  
am Verhältnis zum Räichtom steet.

### *Dialog*

«Léiwer aarm an Eieren,  
wéi räich an der Schan!»  
«Wann ech dat héieren,  
kréien ech Tréinen an d'An!»

### *Virsuerg*

Wien dat Schlecht wéllt verhënneren,  
muss et vum Gudde sénneren,  
well dat as nüt immun:  
ee faulen Apel stécht zeg anerer un.

### *De Spigel*

De Méensch dréit sain Häerz am Gesiicht  
an dat versteet sech liicht,  
well an deem enge steet  
wat an deem an're vrou sech geet.

### *Wou as d'Gewëssen?*

Aus dem Waasser as a Milliarde Jor  
d'Fauna, d'Flora, d'Liewen enstan  
an haut as dat alles an héchster Gefor:  
de Méensch as am Gaang et futti ze man.

### *Éiweg op en Neits*

D'Zaldoten  
si schlecht Affekoten:  
si plädéiere mat Gewier  
a Stacheldrot  
an hun der Däiwel als Spillkomérod.

## Wéi de Paulus zu Korinth gepriedegt huet (II)

*cf. «Eis Sprooch» Nr 34. Eng Iwwersetzung vum Paulus sénge Bréiwer un d'Korinther, iwwersetzung vum Dieter Zimmer. – (Den Auteur weiss gär, ob séng Iwwersetzung géif intresséieren a wat der-vun ze hale wir. Wat mengt der dann dervun?)*

2,1 Wéi ech bei iech komm sin, Bridder, sin ech nüt mat héich Wieder oder mat enger héijer Wäisheet komm, fir iech ze verkennen-gen, wat Gott vu sech baziën huet.<sup>a</sup> — 2 Ech hun nämlech nüt geduecht, datt ech an ärer Mëtt eppes wësse géing wéi nemme Jesus, genee gesot Jesus Christus, de Gckräizegten. — 3 Ech war an engem Zoustand vun der Schwaachheet an Angscht a mat engem groussen Ziddere bei iech. — 4 Mäi Wuert a méng Priedegt huet nüt op iwweriede Wieder vun enger mënschlecher Wäisheet, mä am Virweise vum Geeschte a vun der Krafft Gottes gerout. — 5 Äre Glaf soll nüt op d'Wäisheet vu Menschen, mä op d'Krafft Gottes gegrënnt gin.

<sup>a</sup> 1. Kor. 1,17 \* 2; Gal. 6,14 \* 3: Apg. 18,9; 2. Kor. 10, 1-10; Gal. 4,13 \* 1. Thess. 1,5 \* 5; 1. Kor. 1,18-24

### D'Wäisheet Gottes

6 Wat mir awer priedegen, dat as trotzdeem Wäisheet bei denen, déi vollkomme sin. Et as nüt d'Wäisheet vun dëser Welt an och nüt déi vun denen, déi an dëser Welt regcieren. Déi vergin! — 7 Neen, mir pricdege Gottes hecmlech Wäisheet, eng Wäisheet, déi verstoppt war an déi Gott zou eiser Herrlech-keet bestëmmt hat, ir et d'Zäit gin huet. — 8 Dës Wäisheet huet kee vun denen, déi an dëser Welt regcieren, erkannt. Wa se déi nämlech erkannt hätten, dann hätten se den Här, deen d'Herrlechkeet Gottes hat, nüt gekräizegt. — 9 Et as villméis esou komm, wéi et geschriwwen stéet: «Keen A huet gesinn, keen Ouer huet héieren an a keent Härz vun engem Mënsch as komm, wat Gott fir déi prett gemaach huet, déi hic gären hun.<sup>b</sup>

10 Gott huet et äis awer duurch säi Geeschte offenbaart. De Geeschte erfuerscht nämlech

all Saachen, och d'Déifte Gottes. — 11 Wat fir c Mënsch weess schon, wat am Mënsch as, wann nüt de Geeschte vum Mënsch, deen an him as? Genee sou weess och keen, wat a Gott as, wéi nemmen de Geeschte Gottes.

12 Mir hun nüt de Geeschte vun der Welt kritt, mä duc Geeschte, dee vu Gott kennt, esou datt mir wësse können, wat Gott äis duurch séng Gnod geschenkt huet. — 13 An dovu schwätze mir nüt mat Wieder, déi d'mënschlech Wäisheet léiert, mä mat Wieder, déi den Hellego Geeschte léiert. Mir leë geeschtlech Wourechte fir geeschtlech Mënschen aus.<sup>c</sup> — 14 Den natürlech Mënsch hëlt awer nüt un, wat vum Geeschte Gottes kennt. Fir hien as dat eng Dommheet. Hie kann et och nüt begräifen, well et geeschtlech beuurtelt gi muss. — 15 De geeschtleche Mënsch dergéint beuurtelt alles, gët awer sclwer vu kengem beuurtelt. — 16 Et steet nämlech geschriwwen: Wien huet d'Gedanke vum Här erkannt? Wie kann en énnerrüchten?<sup>d</sup> Mir hun awer d'Gedanken, déi Christus schenkt.

<sup>a</sup> 7: Matt. 1,25; Réim. 16,25; Kol. 1,26 \* 9; Jes. 64,3; Jer. 3,16 \* 10; Dan. 2,22; Matt. 13,11; Kol. 1,26 \* 12; Joh. 14,16-17; Réim. 8,15 \* 14; Joh. 8,47; 1. Kor. 1,23 \* 16; Jes. 40,13; Réim. 8,9; 11,34

### Den een as esou néideg wéi den aneren

3,1 Bridder, ech hu mat iech nüt wéi mat geeschtleche Mënsche schwätze können. Wéi mat weltleche Menschen hun ech mat iech schwätze müssen, wéi mat klenge Kan-ner am Glaf u Christus. — 2 Ech hun iech Mëllech a kee solidd lesse gin. Dat hut dir nämlech nach nüt verdroë können. Elo

<sup>a</sup> 1 E puer Manuscripter hun: fir iech d'Geheimnis Gottes ze verkennen.

<sup>b</sup> 9 Jesaja 64,3

<sup>c</sup> 13 Mir leë geeschtlech Wourechte fir geeschtlech Mënschen aus oder: Mir drécke geeschtlech Wourechte mat geeschtleche Wieder aus.

kennst dir dat och nach nüt verdroen, — 3  
 well dir nach wéi Mënsche vu dëser Welt  
 lieft. Wann et an ärer Mëtt nämlech Jhalous-  
 heet, Sträit a Mëssel gët, beweist dir dann  
 nüt, datt dir wëllech Mënsche sid an datt  
 dir no enger mënschlecher Aart lieft? — 4  
 Wann deen ec seet: «Ech gehéieren zum  
 Paulus!» an deen aneren: «Ech zum Appo-  
 los!», as dat dann nüt mënschlech geschwat?  
 5 Wien as schon de Paulus? Wien as den  
 Appolos? Si sin Dénger, duurch déi dir zum  
 Glaf komm sid, an dat, wéi et den Här jid-  
 dcrengem gin huet. — 6 Ech hu geplanzt,  
 den Appolos huet Waasser gin, awer Gott

huet et wuessc loessen. — 7 Deen, dee  
 planzt an deen, dec Waasser gët, as also  
 näischt. Gott as awer alles, deen et wuesse  
 lësst. — 8 Deen, dc planzt an deen, dee  
 Waasser gët, as cen ewéi den aneren. Jidde-  
 ree kritt säi Loun no sänger Aarbecht. — 9  
 Mir sin nämlech Mataarbechter Gottes, an  
 dir sid den Aker Gottes an d'Gebai Gottes.  
 — 10 No der Gnod Gottes, déi mir kritt  
 hun, hun ech wéi e verstännegen Architekt  
 de Fong geluegt. En anere baut dorop. Jidde-  
 rec soll awer kucken, wéi en dorop baut.

1: Job, 16,12 <sup>a</sup> 2; 1. Petr. 2,2 <sup>b</sup> 3: 1. Kor. 1,10-12; 11,18; Gal. 5,19-21 <sup>c</sup> 4: 1.  
 Kor. 1,12 <sup>d</sup> 6; Apg. 18,24 28 <sup>e</sup> 1. Kor. 4,5 <sup>f</sup> 9; Matt. 11,3-9; Eph. 2,20 <sup>g</sup> 10;  
 Réim. 15,20; 1. Kor. 15,10

E. Arnoldy

## Den Tränteljhemp

En Zäitgenuch wéi Millesch Jhemp,  
 wor néirewou am Land.

Duerfir wor hien als Tränteljhemp,  
 bei alle Leit bekannt.

De Jhemp hat jo als klenge Bouf,  
 schon èmmer gär séng Rou.

A wéi hie siwe Joér gouf,  
 do wor hien nach esou.

Well d'Opston him sou schwéier foul,  
 an d'undon iewer och.

Koum hie jo meeschte ze spéit an d'Schoul,  
 alt sechsmol an der Woch!

Op der Zensur konnt ee gesin,  
 gutt Punkte wore rar.

De Jhemp as bal ni fäerdegin,  
 wa mol eng Prüfung war.

Hien huet sech och nüt méi geflass,  
 wann hien an d'Kiirch sollt gon.

Da koum hien an der halwer Mass,  
 a blouf gläich hanne ston.

De Jhemp goung mol op Freiersféiss,  
 wéi di jong Borschten all.

Dem Beiemisch säi Meedchen, d'Tréis,  
 huet him sou gutt gefall.

Fir d'Houchzäit wor och alles prett,  
 well d'Klack huet scho gelaut.

De Jhemp loug nach doheem am Bett,  
 dat zielen d'Leit nach haut.

An sou vergoung alt Jor èm Jor,  
 de Jhemp huet meeschte gerascht.  
 Well eng Stonn Aarbecht, dat as klor,  
 huet hie vill krämpes kascht !

Mä eemol war et dach sou wäit,  
 séng lescht Stonn hat geschlon.

Do blouf dem Jhemp nüt méi vill Zäit,  
 et war am Nu gedon !

De Péitrus bei der Himmelsdir,  
 kuckt no a séngem Buch.

A seet: Mäi Jong, dréck dech nüt vir,  
 well du hues Zäit genuch !

Jhang Jonas

## Et as n t ze glewen...

Mir sin dr i Jhangen. Geh ieren zou denen, d i ewell eng Rei Jore pension iert sin. Profiteiere vum gudde W ider, fir e w ineg tr ppelen ze goen, mateneen ze sproochen, a fir dann nach  ierewou an engem Bistro c P attchen ze dr nken. Mam W ider hei zou L etzebuerg, brauche mer ons n t dack ze bretzen. M a d esc Nom etteg op der Pl ess d'Arem, hate mir et wiirklich geroden. Mir n t eleng; d'Terrasse virun de Bistro  waren d eck b sat.

Dr i Mann, dee selwechte Virnumm, dat as alt esou eppes.

Geet e M ensch laanscht a seet: Moie Jhang; soe mer Moien, obschon een oder deen aner vun ons n t  emmer weess, wie gemengt war.

Onse Jhang, w i mir zw in aner hien nennen, verr it sech am ganze Bekanntekrees, mat s engem  iwegen: Et as n t ze glewen!

 Em wat et och geet, um Enn brauch kee laang drop ze warden.

D es K ier koum et ewell gl ich b i der Aleldong vun s enger Geschicht.

Et as n t ze glewen!

Viru v ierz ng Deg, d'W ider war ewei haut. Ech hat mer um Balko de Sonneprabl opgespaant, a wollt m eng M ettesrascht halen. Den Noper h iciren ech mam Auto aus der Garage fueren. Kucken dunn nach crof, a gesin de Mann erauskammen. D'Salopett an d'Gummisstiwwelen un.

Aha! Dat bescht St eck g et ageseeft, duecht ech bei mir, an hu mer et am Relax gemittlech gemaacht.  Ennc fong d'Lanz un ze w itschen an ze spr tzen, d  er Menong, elo geet et lass mam Gew aschs, sin ech liicht entompt. Krut ower nach mat, datt ee mam Auto komm as.

Hei, op eemol, e Kreesch! M a Kr izdonnerwieder! Lucie! Du, Geklabbers vu Fraleitschong an d'Tro: Wat as geschitt, Andr ?

Een opgeregtgen  ander: D'Frehheet kennt ower keng Grenze m i!

D'Fra du: Andr , et w erd dach n t ewell er em een d'Br ifk escht ofmont iert hun? Wou liewe mer dann?

Neen! Dat n t. Onsen Auto... Onsen Auto, scho w i d'Lucie dat Wuert betount huet. Andr , wat as mat onsem Auto? Gestuel gi, Lucie. Et huet ee sech dra gesat, Gas gin, a fort war hien.

Mam T empchen halen, war et criwwer. Haldech do eraus, sot ech mer. Du has och ni g ren Damp an der Kichen.

D ei duebel gebaut Haiser, d i hun et a sech. Do kritt ee muencherlee matzeh ieren, ob der w ellt oder n t.

De Virw et hat ons zw i Nolauschterer gest ppelt a froten: A w i gong et virun, Jhang?

Den aarmen  ander, d'Lucie as n t grad z emperlech mat him  engaangen. Bleif n t do  inne stoen cw i ugewuess. Komm crop a ruff d'Poliss un?

B i d em Kommando weess een och gl ich wien hei d'Box un huet. D'Fra um Balko as du nees an d'Haus era gelaf, an huet no hirer Duechter, dem Isabelle geruff. D'Meedche wollt du och s eher w esse wat lass wir, a frot: As eppes geschitt, Mamma?

Ma et huet een onsen Auto gestuel, elo weess d'et.

Dem Isabelle s eng gr isst Suerg loug an zw i S atz. W i komme mer dann clo an Stad, Mamma. An d'Josce waart op mech, fir op d'Tennisfeld ze fueren. Dee Moment, muss den  ander och an d'Z emmer era komm sin.

An deem säi Rot: Fuert mam Autobus, da brauch der och nüt laang no enger Parkplaz ze sichen, huet déi zwee nüt grad begeeschtert. Oder d'Josee kann Iech jo mat séngem Juppela siche kommen.

Deen as a Reparatur, äntwert séng Ducchter him. Ower d'Mamma, huet hir Autoritéit spille gelooss, an dem Änder ze verstoe gin: André, hei steet den Télefon, dann télénéier och. Wéi wäit soll den Déif da nach rullen?

An zou dem Isabelle. Een ausgewuessene Mensch wéi däi Pappa, léisst een hondsfrimen, gemälleg an onsen Auto klammen, a fortfueren. André, kanns Du mer dorop eng Äntwert gin?

Ma gewëss sot hien! Ech war jo nämmen era gaang, fir de Schlauch festzemaachen, an de Krunn vum Wasser opdréien.

Wéi den Déif ugefuer as, du häss de him dach kënnen nolafen, mengt séng Fra. Hei, seet den Änder jo nüt: Ech sin dach kec Marathonlefer, an a Gummistiwwelen do leeft een nüt wäit.

Wat c Gededes, huet Ducchter sech age-méscht. Dann télénéier dach Pappa!

Dat wollt d'Mamma nees nüt méi, déi huet entscheid: Iwwerhaapt, looss d'Isabelle franséisch mat hinne schwätzzen; da komme se vläicht éischter. A so dem Kommissär, c soll eppes énnerhuelen.

Dat gong däm Änder géint dc Stréch: Fir wat dann an enger ancerer Sprooch. Mir stin dach hei nüt um Äiffeltur. D'Jonge verstin dach létzebuergesch. Déi lossen och clo wéint Iech alles falen, sprangen an hir Autoen, a renne mat der bloer Luucht jäizeg no ärem Auto kucken!

Ären Auto! Baupst d'Lucie him duer. "T as Däi jo och...! Wat soll ech Iech elo nach weider erzielen.

No enger gudder Stonn, stong de Won nees virun der Dir. Et as nüt ze glewen!

Mir zwéin hun ons bekuckt, a frotten de Jhang: As dat do alles?

A wouhier! E puer Deg méi spéit, huet den Noper erzielt, wéi d'ganz Saach sech ofgeschillt hat.

D'Jongen aus der Garage hätte sech an der Adress versi gehat. An deem säin Auto, deen si hätté sollen ewech huulen, huet dee selwechte Won wéi hiren.

D'selwecht Mark... d'Taarf vum Lack... an d'Sétzer, Jee ze son een Zwilling, Prëssiert wéi d'Leit haut sin. Nüt rechts a lénks gekuckt, cran an den Auto a fort. Jo, an ze spéit an uecht geholl, datt si dee falschen erwësch haten.

A wéi hien dem Patron um Télefon sot, de Schlauch hätt jo do geleën an d'Waasser wir gelaf, wat d'Jongen sech dann nämmen derbäi geduecht hätten, wësst der wat fir eng Äntwert de Mann du krut?

Et wir dach deen Dag alles gerücht gewiescht fir de Gaart ze netzen. Et as nüt ze glewen! Een Dommen dee keng Ursach huet.

De Patron vun der Garage, hätt him ower du nach eng gratis Wäsch fir den Auto ugebueden. Eng kleng Ploschter fir d'Opregung am Haus.

Och eng Méiglechkeet Reklamm ze maachen, sot onse Jhang.

Dréit sech gaangs ëm, a sot dem Gargon, dee jhust niwendrun en Dësch ofgeraumt huet: Nach eemol dräi, wannechglift.

Mir waren ès d'accord, hate mer jo deen Nomëtteg gutt Sétzlieder, a gouwe vun der Sonn esou richteg verwinnt.

Et as nüt ze glewen.

Tom Thies

Erënnerungen un d'Vakanz bei de Grousselteren (V)

## Een Dag Zwangsaarbecht

Et konnt een et roueg son, dësc Muerge wor jo schons allerhand geschitt, éier de Mëttcg gelaut gouf. Et wor mer och, wéi wann d'Klacke méi energesch géife lauden, wéi soss. Wor dat vläicht, well ech kee rengt Gewëssen hat — oder d'Box voller Angscht virun deem, wat nach viru mer luch?


All Zécken a Keimen hat kee Wäert, ech hu mussen heem bei d'Grousselteren, well de Bop huet net gär mam lesse gewaart — op kleng Bouwen, díci náischt ze din haten, schons guer nüt — a séng Strofc konnten dack elle gepeffert sin.

Abee, ech sin elo op de Grousselteren hiirt Haus lass gaang. Schrott fir Schrott sin ech émmer méi onsécher gin: méng bannescht Stëmm huet mer gesot, datt eppes nüt an der Rei wär, well Dag an Nuet hun ech un den Tubak, dem Issi sái Frang, un d'Gefémms an un dat dommt Laachen iwwert den Här Paschtouer op der Mëscht denke mussen.

Opmierksam, wéi wa mer vun do hier Ausrieden a Beschéinigunge kénnten zoufléien, hun ech de Giewel, ouni Fénsteren, deen zou der Duerfstrooss gestan huet, an zou deem Haus gehéiert huet, an dcem mäi Grousspapp a mäi Papp gebuer goufn, vun énne bis uewe belusuut. Et huet mech wuel erliichtert, datt ech dem Bop nüt am Haff begéint sin: gutt, ganz gutt, da wor e schons bei der Bom an der Kichen, déi géif mer schons hëlfen, wann de Bop ze schro géng gin. Sou hun ech wéinegstens gemengt.

Kanncreg, wéi ech deemools nach wor, hun ech gemengt, ech kénnt dem Bop séng evenuell Roserei béien, wann ech mech um Kéitrac h zerguttst géng wáschen a méng Hoér, déi émmer d'Luucht aus gestan hun, géng kämmen.

Mat Zécken, sou wéi Lausbouwen émmer zécken, wa se kee rengt Gewëssen hun, gung ech zou der Hausdir eran. Kaum wor ech am Hausgank, hun ech héieren, wéi de Bop der Bom vu méng Sénnc verzielt huet. Aha, hun ech geduecht, de Bop war am Duerf gewiescht, an d'Schmits huet em d'Affär mam Tubak an dem Frang verzielt — ob en och eppes vum Gefémms an dem Här Paschtouer wosst? — Mäi Gott, dat konnt jo e schéinen Nométtet gin! Méng Knéien hu geziddert, méng Zong gouf dréche wéi aalt Lieder. Ech muss allerhand daicrlech erausgesin hun, well jhust wor ech an der Kichen, koum méng Bom mer och schons entgéint gelaf, huet mech stiirmesch un d'Broscht gedréckt an dem Bop geruff: «Maach elo nüt



aus enger Méck en Elefant, bleif an der Rumm, 'Tommes!»

De Grousspapp as nüt an der Rumm bliwen! Zerguttst huet e mech beim Kolli geholl a bai sech eru gezun, d'Bom konnt mech nüt méi halen, cch si bei de Bop geflun an op der Bänk, hannert dem Dësch, nieft dem Stull vum Bop gelant, wou ech och beim Iessen ze sätzen hat.

Do sutz ech aarme Sënnner dann elo, d'Kichemauer hannert mer, den Dësch viru mer, de Bop mam rosene Gesiicht riets, an hun, mat erféiertem, blcche Bléck no der Bom gekuckt, déi, well de Bop esou u mer geroost hat, nach vläicht nach méi erféiert wor, wéi ech schwer. Wéi aus wäite Fären hun ech mäi Bop héiere froen: «Sou Fissy, da verziel mer emol, wéi dat wor, mam Tubak, wéi koums de un c Frang, a wien huet der d'Fëmmen erlaabt gehat?»

Sou jont wéi ech deemools och nach wor, cch wosst genee, datt ech nüt hun däerfen ze léien, wann ech nüt gär d'Box ersetzt gehat hätt. Ech wosst awer och, datt ech eng kräischereg Stëmm opzeleën hätt, datt ech méng Sënnen ze bereien hätt. Dat alles hun cch dann och gemaach a méngem Bop alles éierlcch verzielt.

Eiser Härgott sief Merci gesot, mäi Bop hat schons vum Frang, deen den Issi vun der Kuelenhaff-Madame krut hat, a vum Seler-Méchel sénger Päif héicren, sou datt em och déi aner Detailer vu ménger Geschicht agegliicht hun. Dat huet awer guer nüt geheescht, datt ech fräigesprach gi wär. Den Tubakkaf, d'Fëmmen an dat topegt Laachchen iwwer eng Respektspersoun, wéi den Här Paschtouer, woren nach émmer eng Sënn, déi hu mussc gestrooft gin: D'Urteel as bis nom Iessen ausgesat gin.

Dat huet mech schons gaangs ellen erliichtert, dat huet dach geheescht, datt ech den Aasch nüt geha kréig. D'lessen huet mer gutt geschmaacht, och well ech gehofft hun, datt dat déckt Enn nüt sou schlëmm kénnt ausgon. Dat awer koum, gaangs nom Bop séngem Kaffi, deen en no all Mëttegiesse

mat Genoss gedronk huet: «Mäi Jong, ech hu mer déi Saach duurch de Kapp goë gelooss, an ech mengen, dér Schwéiert vun den Delikter, wär en Dag Zwangsaarbecht ubruccht!»

Mär blouf d'Loft ewech, Tréine si mer an d'A gelaf, d'Stëmm huet mer bal versot, wéi ech mäi «merci Bop» erausgequëtscht hun.

Géintiwwer engem Dag Zwangsaarbecht bei méngem Bop, as en Dag Zwangsaarbecht an eisem nationale Prisong e Feierdag. Gence ém sechs Aucr huet et geheescht: «Aus dem Bett, Wäsch, Kaffidrénen!» Dat heescht fir mech, den Zwangsaarbechter, gouf et zwéi Rondele Brout mat Botter a Gebeess, Kaffi ouni Zocker oder Mëllech, Schwätzzen oder eppes froen, war verbueden.

Eng herrlech groussaarteg Aarbecht hat sech de Bop fir mech ausgeduet. Gaangs hun ech müssen all Säck vum Schapp eraf huelen an hannert den Atelier schlefen, wou an engem anere klengen, niddrege Schapp e schéinen décke Koup Seemiel mat Holzspéin luch. Dat Seemiel hun ech mat den Holzspéin missen an d'Säck fëllen, fir datt den Hénger-Heini, deen an engem Duerf, vläicht eng Stonn Wee ewech gewunnt hat, se konnt siche kommen.

Wéi gesot, de Seemielkoup hat eng respektable Gréisst — awer dat war nach laang nüt dat schlëmmst. Dat wor de Stëbs a mäin ongeschéckten Émgank mam Material an der Schépp. Ech muss awer och soen, datt et fir en elef Joér ale Béifchen nüt grad liicht as, de Sak opzehalen an d'Seemiel eran ze schéppen. Et huet bestëmmt méi wéi fënnef Säck laang gedauert, bis ech et enegermoosen eraus hat. Hat ech e Sak voll, hun ech mussc bei de Waasserkunn lafen, fir ze drénken, well de Stëbs mer Nues a Mond zougesat hat.

Wéi ech do am Gaang wor mch ze ploen, as eng gelleg Antipathie géint den Issi, d'Wittra Schmit, d'Kuelenhaff-Madame, den Här Paschtouer an de Seler-Méchel entstan, déi mer, wann och vläicht ongewollt, dës Aarbecht agebrockt haten. Och méng Komero-

den, déi elo nach an hire Better luchen, oder dobausse gespiltt hun, wollt ech kees méi erémgesin — well wie vun denen hat sech bis clo hei, bei mär, gewisen? Elo, wou ech se gutt hätt kënne brauchen, fir mer eng Hand unzepaken, wor kee wäit a breet ze gesin. Keen huet mech vermësst!

Stonn fir Stonn as Sak op Sak mat der Handschëpp geféllt a virun de Schapp geschleeft gin, ouni datt de Bop oder d'Bom sech eng eenzeg Kéier gewisen hätten. Wéini wor et dann endlch Mëttcg? De Réck huet mer wéi gedou, de Stébs huet mer d'Nues gekëddelt, ech gouf émmer méi duuschtręg an elo och nach hongereg. Awer alles konnt näischt dingen, et huet geheescht viru schaffen, well de Koup Seemiel wollt a wollt nüt afhuclen, d'Sack hu sech émmer méi schwéier felle gelooss. Iwwerleongen, d'Sack nüt esou voll ze man, hun ech gaangs verworf, well et hätt jo méngem Bop afalc kënnen, mär ze ordonniéieren d'Sack erém eran ze schlefen an se zerguttst ze fëllen: dann hätt ech duebel Aarbecht gehat. Eng besser Method, wéi d'Sack mat der Handschëpp ze fëllen, as mer deemools och nüt agefall, an duerfir hun ech, wann och mat Roserci an der Panz, tockeg-bockeg, fläisseg viru geschafft, an hu geflucht wéi e roude Judd, wa mer eng Grimmel Seemiel aus dem Sak gefall as, wann ech en opgeriicht hun.

Endlech, endlech, no enger éiweg laanger Zäit, huet et vun dcem niddrege Kiirchtur hier Mëttcg gelaut. Ech wor houfreg wéi e Geck, well ech hat zéng voll Sack virun der Schappendir stoen.

Jidderee kann sech denken, datt ech vrouwor, fir eng Stonn ze raschten, ower trotzeg wéi ech wor, hun ech viru geschafft, bis ech héieren hun, wéi mäi Bop séng grouss Bandsee ofgestallt huet. Réisch wéi ech gemengt hat, de Bop hätt elo séng Hänn am Trach, virun der Stallfassad, gewäsch a wär am Wunnhaus verschwonn, sin ech em no, ouni awer ze vergiesse mech ze wäschén.

Ech koum an d'Kichen, wéi d'Grousseltere schons báim Dësch sutzen. Mäi Gott, wat



huet mär de Réck wéi gedon, a wat hat ech fir en Honger. Ouni nom Grousspapp, dee schons u sénger Zopp geläffelt huet, ze kukken, hun ech mech op méng Plaz gesat. De Bop huet mär och nüt dee klengste Bléck zuugeworf, well dat jo zou sénger Erzéiongsmethod gehéiert huet: Mat engem Zwangsaarbechter schwätzt een nüt! Daierlech hun ech mäi Merci iwwert den Dësch gchaucht, wéi méng Bom mer d'Zopp an den Teller geschott huet, well wann ech dat nüt gemaach hätt, hätt deen alen Tyrann mer nach eng Strof derbäi gin. Déi ower wollt ech nüt, ouni dat hun ech an der Déift vu méngem Häerz gehofft, den alen Här géif mir den Nomötteg e Pardon bis den nächste Muergen gin.

Gläwen, hoffen a Realitéit sin ower elo dräielerlee. Ouni mat engem Aperhoér ze zécken, huet mäi Bop et sech gefale gelooss, datt ech em, iwwerdeems c sää Kaffi gedronk huet, séng Päif, den Tubak an den Äschebecher mam Fixfeier aus der Stuff geholl an, ouni e Wuert ze soen, nieft e geluegt hun, nodeem en d'Päif gestoppt hat, dc Fixspoun ugerass an em duergchal hun, bis séng Päif gedämpft huet. Kuurz a knapp huet c sää Merci héicre

gelooss, awer — déi Wieder, op déi ech gewaart hun, koumen nüt.

Méng Hoffnongan, mäi Glaf un d'Baarmhäerzegeet sin de Réalítíté geaffert gin, an déi hu geheescht: d'Sack felle bis et owend as. Kaum hat déi ural Standauer an der gudder Stuff, op däer een nach schwaach d'Joreszuel 1823 liesc konnt, déi éischt Nomëttestonn gelaut, as et erém lassgaang. Mäi Bop huet séng Kap erwësch an as aus dem Haus eraus. Mär as náischt anescht iwreg bliwwen, wéi em no ze gon. Och déi traureg An vun der Bom konnten náischt drun änneren.

Ouni mer e Bléck zc gommen oder c Wuert u mech ze riichten, as de Bop a séngem Atelier verschwommen an huet gaangs séng Bandsee erém ugekéiert. Niddergeschlon bun ech nees gläich ugefaang d'Sack ze fëllen. A well eng Aarbecht, déi een nüt gärc mécht, sech och mat engem volle Mo nüt méi lücht maa-che léissst, huet et émmer méi laang gedauert bis e Sak voll wor. Et gous och émmcr méi schwéier, e volle Sak virun de Schapp ze schlefen.

Et muss ém déi dräi Auer gewiescht sin, wéi méng Bom sech bei mech an de Schapp geschlach huet, fir mcr ze hellefen d'Sack ze fëllen.

Hei Jong, wat wor dat eng Freed. Ech hun némme méi bräichen ze schëppen, well d'Bom mer d'Sack opgehal huet. Méng Aarbechtsmoral as kolossal geklomm. Sak fir Sak huet sech yum sclwe geféllt: bal hat ech méi Sack wéi virmëttes virum Schapp stoen — de Bop wäerd zefridde sin! Nach eng Kéier hun ech alles gin, wat ech hat. Verflu wor all Réckwéi, an, obschons et vill méi warem wor wéi virmëttes, an ech geschweesst hu wéi e Geck, hun ech manner Duuscht gespuert.

Mäin Éicrgäiz wor erwächzt. Mer worn esou an der Aarbecht, well ech mer virgholl hat, op d'manst drësseg Sack ze fëllen, fir dem Grousspapp zc imponéieren, datt kee vun äis zwee gemierkt hat, datt et am Schapp méi däischter gi wor. Wéi mer et op

ccmol gemierkt hun, stung, grouss a breet, de Bop an der Dir, deen äis schons eng ganz Weil nogekuckt hat, ouni e Wuert gesot ze hun. Stéll huet e sech nees émgedrëcit an as zréck a sain Atelier. Ech hu verwonnert gesin, datt d'Bom erliichtert opgetemt huet: och mär as e Stoc vum Häerz gefall, hun d'Gonscht vun der Stonn bäm Schlä-wéckel geholl, an dapcr viru geschéppt. A wéi de Bop séng See ofgestallt huet, an domadder gewisen huet, datt mäin Dag Zwangsaarbecht eriwwer wär, haten d'Bom an ech dräiandrésseg Sack Seemiel agefellt, an dc Koup hat ellen afgcholl.

Wéi de Bop an ech dann dunn nieftenee beim Véitrac hungen äis ze wäschchen, frot de Bop, ech wor bal créiert: «Wéi as et, Béifchen — midd?» Ech hun zougin, datt ech midd wäer, an datt mer mäi Réck géng wéidoen. Mäi Grousspapp huet awer gemengt, datt mer nach kcc Réck kënnt wéidoen, well ech jo nach guer kee Réck hätt, datt wat ech géng mat mer erémschlefen, wäer allefalls eng Kréibank, an eng Kréibank kënnt nüt wéi doen. Iwregens, ech hätt eréischt den éischten Deel vu ménger Zwangsaarbecht eriwwer, den zweten, d'Theorie kéim créisch.

Well ech awer elo mat deem Wuert «Theorie» náischt unzefänke wosst, as et mer crém baang gin, an ech hu mech geflass, fir séier bei d'Bom an d'Kitchen ze kommen: hun awer nüt vergiess, fir mech zerguttst ze wäschchen, well elo och nach eng «Bauchlandong» am Trach hätt mer keng Pläseier gemaach.

Hannert dem Wunnhaus, téscht Haus a Geméisgaart, wor eng betonnéiert Platz, op däer méng Grousselteren, vum Fréijor bis an den Hierscht eran, owcs, am Schiet sutzen, fir hire Kaffi zc drénken. Och dësen Owend wor hei den Dësch gedéckt. Ech krut, fir unzefänken, c groust Glas voll Framboise, deen ech deemools sou gären hat. De Bop huet säi mouerschwaarze Kaffi gedronk, an dertëschent u sénger Päif gezun, den Damp huet en an d'Géigend geblossen.

Wéi en dann domat fäerdege wor, huet e mer ugedeit, datt elo méng Theoricestonn kéim. No an no huet mäi Grousspapp mer da virgezielt, wat ech alles verbrach hat. Dat wat de Bop am meeschte gehäit hat wor, datt ech kee Vertrauen an hie gehat hätt. Hätt ech Vertrauen zou him gehat, hätt ech schons dee selwechten Owend vum Issi, dem Frang an dem Gefémms verziele missen: ech wär och némme wéinst dem Gefémms bestrooft gin, vläicht mat engem Fouss bää den Aasch oder mat enger kräfstege an d'Akaul. Nach eng béis Sënn, sou huet dc Bop nach weider gemengt, wär eist idiotesch Laachen iwwer eng Respektpersoun, wéi den Här Paschtouer eng duerstellt, gewiescht, dee jo némmen op d'Méscht geklomm wär, fir deem topegen Issi den Tubak an d'Fixfeier ofzehuclen, fir datt e keng Dommheten, wéi e Feier an engem Stall oder enger Scheier sollt dermat maachen. Wou géng dat higoen, wann iwwer sou gebilte Leit, wéi Paschtouer, Schoulmeeschter oder Polizei, vu Schoulbouwen däerft gelaacht gin? «Du bekäpps jo, Bouf, datt ech dech hu misse bestrofen, fir dat wa's de gemat hues?» huet mäi Bop gefrot, an ech hu mam Kapp gewénkt. Wat hätt ech och aneschta maache kënnen? D'Stroph wor ofgeschafft, an esou wéi sou huet déi Saach mer schons laang leed gedon: nüt némme wéinst deem haarden Dag, deen ech hat, ower och, well de Bop sou rose gi wor an d'Bom vernannt hat.

Fe Gutts hat dem Issi séng Päif awer dach, et huet zéng Joér gedauert bis ech erém eng ugepaakt hun.

Duerno koum de Bop op méng Strof selwer ze schwätzen an huet mer méng Feler vum Dag opgezielt, déi ech deels aus Trotzegheet, dccls aus Onwëssenheet begaang hat: «Lischte Feler; ouni «Gudde Moiën» an d'Kich komm ze sin. Zwete Feler; ouni «Gudden Appetit» gewünscht ze hun, mam Lessen ugefaang ze hun. Drëtte Feler: Mär, déngem Bop, ouni e Wuert d'Päif, den Tubak an d'Fixfeier gereecht ze hun, wat ech iwregens ganz uerdentlech fond hun. Wann s de némme «Wann ech gclift» gesot häss,

hätt ech der d'Halschet vun der Strof erlooss. Sou hun ech némmen toleréiert, datt déng Bom der gehollef huet. Gesäis de, mäi Jong, mat Trotz an Onhéiflechkeet kënnnt ccm nüt wäit; dat solls de der mierken! — oder mengs de, an déngem speíderen Aarbechtslicwen och némmen ee Mensch fir dech ze gewannen, wann s de esou viru fiirs? Trotz, Onhéiflechkeet an Iwwerhiefléchkeet loossen all Frëndschaf ënnergon, an een dee kce Frënd huet, as méi arem drun, wéi de Job op der Mësch!»

#### E. Devaquet

### Mäi Freier

*E Freier aus der grousser Männerzuel  
hun ech gesicht mär ènnert villen.  
Hien as an allem jo de Stuel  
ech hu keng Méi fir hien ze drillen.  
Hien as vu gudder Aart a Blutt  
ka laachen -- spaassen -- zëssen  
a sin ech schlecht gelaunt, gemutt,  
weess hien ze hale mech mat Këssen.  
Mäi Freier as e flotte schicke Jong  
ech ka mal Stolz vun him et soen.  
Hien huet en Häerz mat goldnem Fong  
hie gif fir mech duerch d'Feier goen.  
En as mäin Dram, den äerdege Borscht  
ka laachen, spaassen, zëssen  
mär sëtzt de Lüchifank an der Broscht  
weess hien ze hale mech mat Këssen.*

### Éiweg Plo

*Ech hu jo èmmer d'èiweg Plo  
mam Kascht erbelilt mär ducks de Mo.  
Massage, Kompress a waarme Bad,  
si doe gon mech wéi am Rad.  
Wa midd an ofgehetzt ech sin  
da gräifen ech zur Medizin.  
Ech huele mär de Quetschesaft  
ech kenne wuel séng häle Kraaft.  
A knaps hun ech am Leif den Dronk  
scho fillen ech mech frësch a jomk.  
Bezuole mär méng extra Méi  
mat engem Quetsch hei, spéit a fréi.*

R. Kartheiser

### *nuets...*

wann ech n t schlofe kann,  
dann h ieren ech et;  
an ech spiren et;  
a m i ew i eemol richen ech et...  
....  
w it a breet g t et n ischt,  
dat un de Kam di vun de Wellen  
vu St. Malo er nnert;  
w it a breet g t et n ischt,  
dat deem Sch ff gl icht,  
dat mech am Schlaf  
lues hin an hir klunschelt;  
w it a breet g t et n t  
dee mansten Unhaltspunkt,  
deen de Geroch expliz iere k nnt,  
deen op eemol d ganz Kummer f llt.  
- an dach -  
wann ech vum Mier dremen,  
dann as alles do:  
d'Kreesch vun de M iven;  
d'Gl nnere vum Waasser;  
dee geh erzte Geroch;  
an nach villes m i...  
As et e Wonner,  
datt ech mech da gutt fillen,  
gutt an zefritten w i an der Vakanz?

R. Ludes

### *Spaass hin, Spaass hir*

«Fir wat», sou frot den Hari,  
de Pitt beim Patt d'lescht Nuet,  
hues du, du Larifari,  
dech egentlech bestuet?

Du louss eis Jonggesellen  
jo st nterlech am Plang.  
Wat fonds du dann sou ellen,  
fir wat sou rang a pang?

«Dat w ll ech dir gl ich soen»,  
ver nwert sech de Pitt,  
«dat vill 'an-d'Wiirtschaft-goen'  
dat wor ech einfach midd.

«Dat vill 'um-Comptoir-h nken'  
wat hat ee schon dovun?  
Je, 't gouf mir al ze denken,  
ech hat kee Spaass m i drun!»

«Du dees een ower laachen»,  
sot drop den Hari vif,  
«wat k nns de dann hir maachen,  
hues du en neit Motiv?»

De Pitt bleift n t verle n,  
mee kuckt verschimt an d'Glas:  
«Mee well ech mech drop fre n,  
'lo m cht et mir r m Spaass!»

Al Steinmetz

## Eng Vakanzgeschicht

Et war an der grousser Vakanz. d'Bouwen aus dem Gréngewaldduerf souzen am Wäschbuer bei der Baach — o, et as scho laang hier — a si hu geroden, wéi si sech sollten d'Zäit am beschte verdriewen. Si hu vun désem a vun deem geschwat, mä dobäi as et bliwen. A grad, wéi si sollten auscrnee goen, du koum den Tunn gerannt mat engem décke Pak énnert dem Arcm. Vu wäitem huet e geruff: «Kuckt iech dat hei un, et as e Campingszelt mat Schlofsak an allem, wat dozou gehéiert, dat krut ech vu méngem Monni geschenkt, dee beim Militär as, an en huet mir gesot, dat wir fir Vakanz ze maachen.»

Donnerwieder, dem Tunn sénge Komeroeden as de Verstand bal stoc bliwen, wéi hien d'Zeltbaatschen auserneegefaalt huet. «Elo kenne mir kämpéiere goen», huet den Änder geruff, «Tunn, wat mengs du dozou?» — «Ech sin domat averstan, gläich muere fréi gi mir lass, vergiesst nöt e bëssche Proviant matzebréngen.»

Deen aneren Dag hun d'Bouwen hiürt Zelt beim Dännebësch, nöt wäit vum Weier ewech, opgeschloen. Dat war eng gelleg Freed. Zweí vun hinne sin an de «Juddesbierg» Holz siche gaangen, si hun e Grill gebaut an e Feier ugefaangen. «Lo misste mir nach dem Jemmes sénger Frelle aus dem Weier hu fir ze broden», sot de Rén. De Jemmes as a séngem Naachen op dem Waasser hin an hier gefuer, huet hei gestéppelt an do gebaatscht, an 't as ém näischt entgaangen, wat d'Bouwe beim Bësch gedriwwen hun. Wéi et ugefaang huet däischter ze gin, gouf et roueg am Zelt. D'Bouwe ware midd vum ville Lafen a Wuddren, a si hu sech drop gefreet, fir déi éischt Nuecht an der

fräier Natur kennen ze sin. De Jhemp war nach an d'Duerf gelaf, fir eng Pan an e Feierkrop sichen zc goen. Wéi en doheem an der Kichen hantéiert huet, du héiert en, datt de Jemmes an der Wiertsstuff mat sengem Papp a mat dem Klees vun der Baach am Gespräch war. "T as haart hiergaang, an dc Jhemp huet gemierkt, datt de Jemmes vun engem Zclt a vun de Bouwe geschwat huet. En huet d'Oueren un d'Schlëssellach geluegt an héicren, wéi de Jemmes sech gebretzt huet: «Dene Näischnotze wäerd ech den Damp waarm maachen, ech huelen d'Flént mat Platzpatrounen, an dann donneren ech drop lass... déi wäerte vun Angscht an d'Box maachen.» De Klees huet haart gelaacht a mat de Fäisch op den Dësch geklappt. «Dat soll dene Spëtzbouwen näischt schueden, stell dir vir, déi hun dëslescht, virun Ouschtren, en Hällespektafel mat hire Klibberen a Klabbere viru méngem Haus gemaach, et war fir daf ze gin...»

De Jhemp hat alles nogelauschtert a war nöt méi wéi vrou, fir sénge Komeroeden alles z'erzielen, wéi hie bei si an d'Zelt erëm komm as.

Et war eng hell Nuecht. De Mound as um Himmel spadsćiert an huet ganz déck Bake gemaach. D'Bouwen aus dem Gréngewaldduerf hu geschlof wéi d'Dachsen. D'Sonn stong scho laang iwwer dem «Gesceknäppchen», wéi si deen aanre Muerge waakreg gi sin. Si hate sech virgeholl, fir bei d'Geeschterhaischen um Staflter ze goen an do Mëttig zc maachen. De Jhemp an den Änder si beim Zelt bliwen. Si ware bei d'Baach dorowar getréppelt, fir ze kucken, wéi et mat de Frelle wir. Um Weier war et stéll, némmen e

puer Waasserhéngercher hun an de Lëtsche gepëspert. Am Jemmes sénger Bud war näisch Verdächteges ze gesin. Spéit am Nomëttetg koumen déi aner vun hirem Tur erém. Si haten en Honger wéi e Wollef an hu sech d'Gromperenzalot mat dc Wirschtercher gutt schmaache gelooss. An däer Zäit as de Jemmes och zum Virschäi komm. Hie stong bei der Schléis an huet gefescht. Vun Zäit zu Zäit huet e bei den Dännebësch eropgeluusst a gedulaacht: «Waart, dir Zigciner, den Owend wäerd icch d'Laache vergoen...»

Lues a lues gouf et däischter dobaussen. D'Sonn war scho laang hannert der Blaschenterkopp ënnergaangen, an d'Vigel hun hir Schlofnäschter opgesicht. D'Bouwen hu sech an d'Zelt zréckgezun, némmen den Tunn an de Rën hu sech am Gesträich vum Bësch verkroch fir opzepassen, wat de Jemmes welles hätt. Si ware prett fir him eng ze spinnen.

An däer Zäit huet dec séng Flënt mat Platzpatrounc gelueden, as heemlech laanscht d'Baach geschlach bis bei de Bësch, fir

d'Bouwen z'iwwerrompelen. Mä déi ware méi flénk wéi hien. Grad, wéi e sech hannert engem décken Äppelbam geduckelt huet, hun zwou Fäischt hie beim Kolli gepaakt an him e Sak iwwer dc Kapp gestréppt. Den Tunn huet him d'Flënt ofgcholl an him d'Ärem um Réck zesumme gebonnen. De Jemmes huet Kreesch gedoen, huet mat de Féiss gestruewelt, wéi wann en dausend Seejhomässen an der Box hätt, a bonzénen, bonzuewen as hien den Hiwwel erof an d'Baach getrollt. Naass wéi en Zoppenhong as en erausgekrabbelt an huet sech a sénger Bud verstoppt. Et gong keng Rieds méi vum Schlofen, an deen aneren Dag scho muerges fríi ware si mat hirem Zelt verschwonnen. De Jemmes huet sech eng ganz Woch laang nét am Duerf gewisen. Wéi dc Klees en eng Kéier begéint a gefrot huet, wéi et mat den Zigciner ausgaange wir, du huet en sech vu Roserei wéi en Dapp ém sech selwer gedréint a gejaut: «Kräizdäiwl namol, wann ech wéisst, wie mech deemools verroden hätt, deem géif ech nach haut d'Haut iwwert de Kapp zéien...»



Jhoss Medinger

# D'Odyssee vum Conter Fräiheetsbeemchen

Et war am Joër 1939, den Dag vun der Jorrhonnertcier vun eiser Onofhängegkct. Du gouf an all Duerf e Fräiheetsbeemche gesat; an dee groussen Uertschaften gouf c Monument opgeriicht. De Gemengerot vu Conter hat sech fir e Beemchen entscheid, an e schon am Ufank vum Joër gesat, fir datt e sollt gutt uwuessen. Si haten eng Platz mëttent am Duerf erausgesicht, no bei der Kiirch an no bei der Schoul: an der Killeplätz. Dat as wou elo de Schoulhaff vun der grousser Schoul as. Mä de Beemchen hat keng Chance. Enges muerges war en émgehae gin. Wie war et? Et as ni erauskomm. D'Leit hu gemengt et wir e Preiss gewiescht deen deemools hei am Duerf gewunnt huct. Je, et as egal, déi Conter hu missen en neie kafen. Deen huet awer richteg quokeleg ausgesin; e war laang nët esou schéi wéi deen éischten. Et war du och scho spéit am Joër an en hat pastang fir duerchzkommen. D'Feier vun der Aweiung koum, de Beemche gouf schéi gerëschter mat dem Lëtzebuerger Bännchen, rout, wäiss a blo, mat Pabcierblummen, déi d'Medercher aus dem Duerf d'Woch virdru gemaach haten. Frësch Blumme waren déi Zäit deier an di Conter ware spuersam Leit. E Pätter an eng Giedel hat dc Beemchen och kritt; d'Margo an den Emil, zwee Kanner aus dem Duerf. Déi zwee sin du mat enger schéi gerëschter Kutsch duurch d'Duerf gefouert gin. Alles war do: de Paschtouer huet de Beemche geseent, an de Poale Jhäng huet d'Festried gehal.

Et as Fréijoër gin, an de Beemchen lues a lues gréng... Am Joër 1940, den 10. Mä koumen d'Preisen. Dat hätt jo dem Beemchen egal kënne sin, mä et huet gheescht, mir wiren nach émmer Preise gewiescht, abec jo,

de Bam misst verschwannen. A wat as? Moië Misch! An der Nuecht hun déi zwéi gutt Patrioten, de Jhäng an den Théid de Beemchen erausgeholl an a Poalen hire Gaart gesat.

Do as e schéi virugewuess an en hätt och kënnen do stoe bleiwe bis nom Krich d'Preissen erëm fort wiren. Et huet jo ni een dru geegleeft, datt si géiwen de Krich gewonnen. Awer du krute mer c Schoulmeeschter, c fanatesche Preiss. E war an der N.S.D.A.P., an en huet an der gieler Uniform Schoul gehalen. An der preisescher Geschichtsstonn haten d'Kanner en Thema wou vu «Freiheitsbäumchen» Rieds gung. De Bäärtchen, esou hun d'Kanner de Schoulmeeschter genannt, well en esou c grousse schwaarze Baart hat, frot du op eemol: Wou as dann dc Conter Fräiheetsbam? Alles war roueg. Mä op eemol sot de Foos — e war mam Emil an der selwechter Klass — «De Baam steet a Poalen hirem Gaart». Den Emil as erféiert, «Dat as gclun», en huet sech gewiert, «dat as nët wouer». War de Foos nun eppes gewuer gin oder hat en de Beemche gesin, cwell dee stung direkt harnert der Gaardemauer beim Quiddebam. Et sief dann, den Emil, hie war jo de Pätter vum Beemchen, direkt no der Schoul heem, an do huet en di ganz Geschicht erzielt. Et huet eppes misse geschéien. Well wann de Bäärtchen cng «Untersuchung» gemaach hätt, da wir Poalen hir ganz Famill émgesidelt gin. An där schwächter Nuecht huet dunn den Ujheen, dem Emil säi Brudder, an den Téid de Beemchen erausgeholl an am Henkesgronn, no beim Bësch, an den Hiwwel gesat. Et war Summer; den Ujheen as en alt netze gaang, mä en huet d'Läppen hänke gelooss.

E wollt guer n t m ei. D ei zw in, den Ujheen an den T id hu Krichsrot gchal, den Uarens Jh ng war och derb i. «Ma br ngt en dach an de Gaart hannert cist Haus, do f nt kcc Preiss en». Sou as et dun och gesch it. De Jh ng an d'Suzann hun cisc Beemche gecheegt a gepfleegt, an hei elei, kuck elei, en as er m gr ng gin.

D'Amerikaner koumen, wat eng Freed, 1945 war de Krich aus. D ei Conter hu beschloss hirem Beemchen eng Eireplaz ze gin. Du gouf dann er m eng feierlech Zercmonic gemaach. De Beemchen as am Cort ge vum Uarens Haus bis op de Millcw c gefouert gin. De P tter an d'Giedel suzen er m an der


Kutsch, alles war sch i ger scht, grad ew i deemools 1939.

Beim «Monument aux Morts» steet en haut, wou en all Jo r bl it a sech s enges Liewes freeet, an hoffentlech nach 1000 Jo r laang. Se soe jo d'Lannebeam g iwen di eelst gin. En as an der Zw schenz it e richteg Bam gin. Am Jor 1990 krut en e Kolleg, 50 Jo r no s engem Gebuurtstag, och e Lannebam, deen de Groussherzog Jhang  is geschenkt huet fir s eng 35 Jo r um Troun vu L tzbuerg. Elo as en n t m ei esou eleng.

Mir w nschen hinnen alleb id e laangt Lic-wen a Fr iheit, an datt si ni m ei brauche versat ze gin.

*Lann vum Groussherzog Jhang, 1989.*

*Fr iheitsbam vun 1939*



Emile Steffen

## Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 14. Mäerz 1992

De 14.3.1992, ëm 3 Auer nomëttes, war d'Generalversammlung vun der «Actioun Lëtzebuergesch», am Sall vun der «Brasserie Les Capucins» an der Beaumontsgaass an der Stad.

### Programm:

- 1) Kuurz Usprooch vum President
- 2) Activitétsrapport
- 3) a) Rapport vum Caissier
  - b) Rapport vun de Caisse-Kontrolleren
  - c) Neiwel vun de Caisse-Kontrollcren
  - d) Budget 1992
- 4) Bestëmme vun engem Walbüro
- 5) Neiwel fir de Comité: 4 (véier) Plaze sin ze besetzen: Véier Comitèsmembre sin op der Austrëttslëscht: René Faber, Lex Roth, Tom Thies an dc Cornel Meder, deen am Laf vum Jor démissionéiert huet.
- 6) D'Cotisation fir 1993 gët festgesat
- 7) Fräi Aussprooch

De Sall as bis op déi lescht Platz besat an de President, den Här Henri Rinnen, ka ronn 70 Membere begréissen. Hie muss leider den Här Lex Roth, deen déngstlech am Ausland as, an d'Hären Tom Thies a Robert Siuda, déi krank resp. verhennert sin, entschöllegen.

Entschöllegt huet sech och den Här Staats- a Kulturminister Jacques Santer, den Här Minister lëisst sech duurch den Här Mars Klein aus dem Kulturministère remplacéieren. Den Här René Hubsch vertrëtt de Schoulministère. Den Här Carlo Meintz vun der DP an den Här G. Bourg aus dem Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg loosseen sech och entschöllegen.

De President as apaart frou fir eng Delegatioun vun «Areler Land a Sprooch» kënne wëllkomm ze heeschen.

Duerno crënnert hien un déi am leschte Jor verstuerwe Membren, dorënner ee Grënnongsmember, den Här Robert Philipp, dann den Här Adrien Ries an elo vir kuurzem den Här Jos Hargarten. Un déi verstuerwe Membren alleguer gouf eng Minut geduecht.

De President mengt, esou eng Generalversammlung wir eppes wéi eng Ouschterbeicht, wou alles op d'Tapéit soll kommen, wat am Jor «verbrach» gouf. De Comité wëllt dann och lassgespräch gin.

No engem kuurzen Iwwerbléck iwwer d'Aktivitéite vum leschte Jor seet hien dene merci déi d'Kar um Rulle gehal hun an och denen, déi mat Rot an Dot gehollef hun. De President seet och dene merci déi d'Leit an dc Cours-c léiere Lëtzebuergesch schwätzen a schreiwen. Hie seet och dem Radio an den Zeitungen merci fir hiirt Entgéintkommes.

## 20 JOR «ACTIOUN LËTZEBUERGESCH

De President wëllt dësen 20 Gebuertsdag vun der Grënnung vun der «Actioun Lëtzebuergesch» nüt laanscht goe loassen, ouni kuurz stoen ze bleiven an zréckzekucken.

Wann 20 Jor och nach keen Alter as, dann as et fir eng Zäitschrëft wéi «Eis Sprooch». déi nëmmen op Lëtzebuergesch erauskënnt an et hei am Land zwanzeg Jor packt, awer ewell al. Et gouf duerwéinst keng akademesch Sëtzung gehalen, keng apaart Feier

organiséiert, well gemengt as gin, et kënnnt een déi Sue spueren a fir eis Actioun huelen. Et wor de 25.2.1971 wéi et ugong an de 27.11.1971 as d'Grënnongsversammlung gewiescht, wou dc provisoiresche President Henri Rinnen vum Lex Roth ofgéléist gouf, deen dat bis 1984 bliwwen as.

Sekretär wor deemools de Charel Malané; Caissicr wor vun Ufank u bis elo de René Faber; d'Redaktioun vun «Eis Sprooch» hat vun Ufank un den Heng Rinnen.

D'Statute goufen de 14.11.1977 am Mémorial publizéiert. No de Statute soll d'Actioun Lëtzebuergesch fir alles antrieeden, wat Lëtzebuergesch as, apaart fir d'Sprooch.

Haut, 20 Jor duerno, freet de President sech: As dat geschitt? As sech do nüt zevill virgeholl gin? Hie freet sech dann och, ob dat alles geschitt wir, wann et *keng* Actioun Lëtzebuergesch gi wir?

Direkt waren et 1971 dräi Haaptpunkten: Lëtzebuergesch an der Kürch;

Lëtzebuergesch an der Schoul;  
Lëtzebuergesch dobaussen (d.h. an den Zeitungen, am Radio, an der Télévisioun.)  
Dofir d'Tro: Huet d'A.L. an denen dräi Punkte versot?

## 1. Kürch

As zénter deer Zäit nüt méi a méi Lëtzebuergesch an der Kürch gebraucht gin? Goufen et zénter dunn nüt méi Texter fir Massen op Lëtzebuergesch? Goufen et zénter hier nüt och Faaschtebréiwer op Lëtzebuergesch? Huet d'A.L. do nüt och mat deer Kommissioune am Bistum zesummegeschafft?

## 2. Schoul

Gouf et nüt en neit Buch fir an d'Primärschoulen? Gouf et nüt en anert Buch «Lëtzebuerger Texter» fir de Postprimaire? Si keng Bréiwer un de Schoulminister weinst

*Vu lénks no riets: René Hubsch, R. L. Philippart, Emile Steffen, Heng Rinnen, René Faber, Maisy Tockert, Arthur Reckinger, Milly Thill, Ernest Brachmont*

(Foto: Jean Welter)



dem Lëtzebuergeschen an de Kolléische geschriwwen gin?

### 3. Lëtzebuergesch dobaussen an der Éffentlechkeet

Gouf nüt gefrot fir d'Schreisweis vum Dictionnaire offiziell ze man? As op deem Gebitt näisch geschitt? Gouf nüt gefrot fir d'lëtzebuergesch Stad- an Duerfnimm an d'Téléfonsbuch ze kréien? Gouf nüt dat selwecht gewünscht fir op d'Duerf- a Stadschelter déi Lëtzebuerger Nimm bei déi Franscisch derbäi ze setzen? Gouf nüt gefrot, fir op d'Stroosseschelter de Lëtzebuerger Numm ze schreiwen, esou wéi d'Leit de Wee nennen? Gouf nüt nach ugeklappt fir d'Flouernimm esou an de Kadaster androen ze loossen ewéi se wiirklech heeschen?

Vu wou aus as mat drop higeschafft gin, fir d'Lëtzeburgescht als Nationalsprooch ze dékläréieren? As d'Sproochegezet nüt och der A.L. mat ze verdanken?

As nüt ewell laang gefrot gin, fir eng nei Dictionnaireskommissioune nennen; deen Dictionnaire vu 5 Bänn ze iwwerschaffen? As nüt fir dee selwechten Dictionnaire Reklam gemaacht gin, sou datt en direkt vergraff wor wéi en crauskoum an ewell zweemol huct missen nogedréckt gin? As nüt grad esou fir déi aner Dictionnairen dat selwecht geschitt? Gouf nüt derzou dervu geschwat fir eng nei Lëtzebuerger Grammatik ze kréien?

Koum nüt duurch d'A.L. *Lëtzebuerg* op d'Pabeier- an op d'Haartgeld? Sin nüt Käppercher (Timbren) fir eiser Lëtzebuerger Dichter gefrot gin? (A. Meyer, M. Rodange, Jos Tockert a fir de Blannen Téis.)

Stin nüt op dem Bréifdréicschkalenner an aneren Agendaën déi Lëtzebuergesch Nimm fir Feier- a Festdeg?

Wien huet fir d'éischt *Cours-e* fir Lëtzebuergesch ze léieren op enger verstänneger Basis organiséiert, wou all Ausläänner déi Geleéneheet kritt huet, wann hien et wollt maachen? Kruten déi nüt vun der A.L. hir Diplomer? Gouf nüt *domat eppes Wichteges*

*fir d'Integration gemaacht,ouni een ze forcéieren?* Wien huet Cours-e gehalen, fir richteg Lëtzebuergesch schreiwen ze léieren? Kréie mer haut nüt iwewall Neijoosch- a Glückwunschkaarte mat lëtzebuergeschem Text, wien hat domat ugcangen?

Wien huet déi éischt Lëtzebuerger Owenter organiséiert?

Koumen nüt emol Instruktiounen op lëtzebuergesch op de Walziedelen?

Krute Staatsbeamten nüt e Cours fir Lëtzebuerger Texter opzesetzen?

Sin nüt emol Iwwersetzungen op lëtzebuergesch gemaacht gin, vu franséischen Texter, wéi d'Méenscherechter, fir d'Baha'i Deklaratioun?...

Gouf d'Gesetz vun den A.s.b.l. nüt vun der A.L. op lëtzebuergesch iwwersat? Gët et haut nüt vill Statuten dorémmer no Modelle, déi d'A.L. opgesat huet?

Sin nüt méi Plakater op lëtzebuergesch fir all Méigleches, et siewe Fester oder soss eppes, wéi soss?

Sin d'Familjenannoncen nüt bal all op lëtzebuergesch, et siewen deer fir Geburten, fir Fiançailles oder Verlobungen, Hochzäiten, Stierffäll? Gët et nüt méi Geschäftsreklammen a Geschäftsnimm op lëtzebuergesch? Kréie Spillschoulen nüt och en cchte Lëtzebuerger Numm?

Huet d'A.L. d'Leit vläicht nüt derzou bruecht méi Lëtzebuergesch ze schreiwen?

As et nüt duurch d'A.L. derzou komm, datt Schrifsteller sech méi fir eis Sprooch an hirc Wierker entscheid hun? As de Verkaf vu Lëtzebuerger Bicher nüt erop gaangen?

Wien huet fir d'éischt (privat) Kongkure fir Bicher, fir Kleng a Grouss, organiséiert? Wien huet eng apaart Auszeichnung fir eis Schrifsteller geschafen?

Woren nüt jorelaang Artiklen an den Zeitungen an Emissionen am Radio fir eis Sprooch ze liesen an ze héieren?

As de Leit nüt ugebueden gin, fir hir Lëtzebuerger Texter, et siewen Artiklen, Annon-

cen, Menüen, an esouguer ganz Bicher nozekucken an an déi offiziell Schreibweis ze setzen?

Gouf d'A.L. nüt dee Stouss fir e Monument vum Michel Rodange zu Wolz opzeriichten? Huet d'A.L. nüt och dat gemaacht fir un d'Servais-Haus zu Miersch eng Plack vum Dicks-Rodange-Lentz am Dicksjor hänken ze loessen?

Ee Wuert nach iwwer d'Zäitschrëft «*Eis Sprooch*». As et nüt schéin doranner *d'Facsimile* vum Spoo sénger Ried 1896, d'Äntwert vum Préfet Lacoste ze gesin, déi deen der franséischer Regirung 1806 gin huet, wéi d'ci gefrot hat: wat schwätzen se am Département des Forêts? As de Facsimilé vum Rodange sénger «Léierchen» nüt vun der A.L. publizéiert gin?

An denen 33 Nummeren, déi bis elo do sin, dierft dach alt esou Munches dra sin, wat een intresséiert.

Dorop kënnt dir iech sécher selwer eng Äntwert gin, déi nüt ancscht ka sin ewéi datt d'A.L. alles gemaacht huet, fir deem Artikel an de Statute gerecht ze gin, ouni dofir an dowéinst mat der Fauscht dran ze schloen. Woufir datt et an deer Zäit, an de siwenzege Joren, Leit gouf, déi d'A.L. als e fachistoide Club genannt hun, datt et e Gestreits an den Zeitunge gouf, freeet ee sech.

Gewéss, et gouf eng Zäit wou Kaméidi an der A.L. wor, Sträit dee vun 150-prozentegen ugestiwwelt as gin, esouguer vun denen en neie Veräin grénnt gin as, Leit, déi méi helleg wollte sin ewéi de Poopst. Si hun der Saach méi geschuct cwéi genotzt, grad ewéi déi National- an aner Bewegungen nüt zu deem féieren, wat soll sin: e friddlecht Liewen an Zesummeliewen am Land.

Fir ofzeschléisse kënnt de President dann op de nolciségen Émgank mat der Sprooch an dem Radio, an der Télévisioun an an de Rieden ze schwätzen. Dat as e Ponkt fir deem d'A.L. sech no hirc Statuten och sollt asctzen, awer trotzdem náischt ännere konnt. Och an der Schoul misst et besser gin. De President mengt: do wou keen

Intressi do as, bei deem deen d'Stonn hält, do kann och nüt vill krauskommen. Hie seet ower och, datt et Schoule gét wou et ganz gutt geet.

De President zitéiert dann nach e Saz aus dem *Adrien Ries* séngem Artikel oder sénger Konferenz, déi hie genannt huet: «Eis Sprooch(en)» an clo an dem groussherzoglechen Institut, Sektion Moral a Politik, als Broschür erauskomm as. Do heescht et, datt cis Sprooch hannerzeg géif goen, am Radio géing se biergof. Den Adrien Ries schreift do: «Dir erlaabt mir sécher, náischt iwwer dat Léetzeburgescht ze soen, dat eis Députéiert a Politiker an der Châmber a soss iwwerall schwätzen, ech misst soss dat Wuert versauen gebrauchen, an dat maachen ech nüt gär am groussherzoglechen Institut».

Eent soll awer nach extra betout gin an dat as, datt cis Schriftsteller haut duurcheweich e bessert Léetzeburgescht schreiwen oder wéinegstens probéieren ze schreiwen ewéi virun 80, 90 an 100 Jor.

A wann dat alles vlächt nüt eleng de Verdéngsch vun der A.L. sollt sin, dann huet d'A.L. awer munches an d'Wier gedriwwen, wat soss doudsécher nöt geschitt wir. Domat hätt de President da séng *kuurz Usprooch* gehalen.

E puer Leit sollen ower nach extra merci gesot kréien, déi vun Ufank un am Comité waren, si hu sech dee Merci an denen 20 Jor verdéngt. Eng Plaquette vun eisen dräi Nationaldichter schéngt dofir dat richtegt an dat schéinst Geschenk ze sin als Erënnerungszeichen. Et sin de Vizepräsident vun haut, de Lex Roth, dee vun 1971 u bis 1984 President wor, dann de Caissier René Faber an de Membér aus dem Comité, den Abbé Arthur Reckinger.

**Aktivitésrapport 1991 vum Sekretär**  
D'Generalversammlung 1991 wor de 16. Mäerz 1991 hei am Sall vun der Brasserie Les Capucins. De Rapport vun déser Generalversammlung as an der Nummer 32 vun «Eis Sprooch» pulizéiert gin.

D'Actioun Lëtzebuergesch hat um Enn vum Jor cches méi 2.000 *Membren*; dovu wunnen der 36 am Ausland, een Éieremember. 45 Gemengen (vun 118) hun een Abonnement op d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»; 11 Ambassaden a Konsulater sin abonnéiert.

### De Comité

Nodeem den Här Cornel Meder d'lescht Jor séng Demissioun aus beruffleche Grénn gin huet, besteet de Comité nach aus 11 Membren. Dat sin: Heng Rinnen, President; Lex Roth, Vize-President; René Faber, Caissier; Emile Steffen, Sekretär; Ernest Brachmont, Sekretär-adjoint; Membren: d'Joffere Milly Thill a Maisy Tockert; d'Härc Robert L. Philippart, Arthur Reckinger, Robert Siuda an Tom Thics, Keesskontroller sin: d'Hären Hugues Folscheid; Jean-Claude Kaell an d'Madame Germaine Majerus.

### Wat gouf geschafft?

Am leschte Jor waren 8 Comités-Sëtzungen an cism Büро am Bredewee: 9.1. — 27.2. — 17.4. — 29.5. — 3.7. — 18.9. — 23.10. — 11.12.91

### Publikatiounen

Dräi Nummern vun «Eis Sprooch», 176 Säiten, Oplo 2.400. Nummer 31 am Mäerz, Nummer 32 am August, Nummer 33 am Dezember. Extra-Serie Nummer 14 am Juni: Tit Schrocder «De gaunze Wee», Gedichter. Bei der Editioun vun déser Broschür krut d'A.L. vill gehollef vum kulturelle Fong an apaart duerch de generéisen Don vun der Bank a Staatsspuerkeess Lëtzebuerg. An enger klenger Feier gouf «De gaunze Wee», de 15. Juli 1991, am Haaptsätz vun der Spucrkees, der Press virgestallt.

Extra-Serie Nummer 11: Lëtzebuergsch-Franséischen Dictionnaire; (Madame Marie-Thérèse Kroemmer) 500 Stéck goufen no gedréckt.

### Zirkulären

1) Invitatioun fir d'Generalversammlung, Enn Februar.

2) Rappel vun de Cotisatiounen, am Abrëll (360 Stéck).

### Neijoosch- a Gléckwonschkaarten

4 schwaarz-wäiss Kaarte mat wéineg bekannte Zeechnunge vun Huelmes, Klierf, Veianen a Lëtzebuerg vun 1890 aus dem Buch vum Fran ois Ewen: «Le Luxembourg illustr  et comment  dans les p riodiques ´trangers», (Sankt-Paulus-Dreckerei), mat der fr ndlecher Erlaaben vum Auteur. D'Foto en dervu si vum Jhang Welter gemaacht gin. 2 faarweg Gl ckwonschkaarte mat moderner Molerei vun der Madame Lou Kreintz vun Hiefencch. Foto: Jhang Welter. Drock: Sankt-Paulus-Dreckerei.

De Verkaf vun de schwaarz-w isse Kaarten h elt st nneg of. Geliwwert goufen:

1983 22.000 Kaarten	1986/87/88 12.000
1984 20.000	1989/90 8.000
1985 16.000	1991 6.000 Kaarten

Am Stock leien nach 13.000 Kaarte vun dene leschte Joren. Faarweg Kaarte gin all Jor 2.000 bestallt an duurcheweich all verkauft.

### D'Schoulbuch:

#### «Kommt mir léiere L tzebuergesch»

D est Buch as 1991 méi w i 1.500 mol verkauft gin; d'Cassette mat dem l tzebuergeschen Text vum Buch an déi dr i Iwersetzungen (d itsch, englesch a portugisesch) gi vill gefrot; n t n mme fir Cours-en hei am Land, m  och aus den Nopeschgeigenden an der Belscht an am Lottréngeschen.

Et huet Enn 1990 geheesch, datt en neit Buch vum Sproochcenter (Centre de Langues) ausgeschafft g if gin. An engem Br if vum 27.12.1990 wollt d'A.L. Ausstreech kr ien, iwwer dat neit Schoulbuch an, ob d'A.L. hiirt Buch nach sollt nodr cke loassen.

Den H r Hubsch huet der A.L. dun ze w ssc gedoen, datt eng Kommissioun vum Sproochcenter esou en neit Buch mat Audio- a Video-Cassetten g if zesummestel-

len a versprach hätt, datt fir de September 1992 eng 15 Lektioune färddeg wieren.

Enn Dezember 1991 ware vum A.I.-Buch an de Cassetten ze soe kee Stéck méi do. De Comité huet du beschloss nach 500 Bicher an 100 Sätz Cassetten nozedrécken an nommachen ze loessen, well deer nach émmer vill gefrot gin.

### Hierschfoire 1991

Aus technesche Grënn konnt d'A.I. hire Stand an der Hall 11 nüt méi erëmkreïen. Si krut dunn eng Platz am Korridor tëschent den Halen 11 an 12 fir hiren Informationsstand.

Den Här Pe'l Schlechter huet der A.L. vill gehollef den neie Stand zc plangen an opzriichten, hie soll dofir häerzlech merci gesot kréien. Den Intrassi war bei dc Leit och op der leschter Hierschfoire erëm ganz grouss. Et si 16 nei Membren opgcholl gin.

### Veräinsschreiwereien

Eng Broschür vun 145 Säiten mat e selleche Modeller, déi eng gutt Hëlf fir d'Sekretäre vun de Veräiner soll sin, apaart fir déi, dci hir Schreiwerien op Lëtzebuergesch maache wëllen, as vum Marcel Lamy zesummesgesat gin.

D'Broschür gouf op der Hierschfoire virgestallt an huet do ganz vill Intressi fond. Wéinst den Drockkäschte wore mer nüt esou kéng fir se drécken ze loessen. De «Gaart an Heem» huet sénge Sektiounen d'Broschür rekommendéiert an et goufen der dono cwell c puer honnert bestallt. Dem «Gaart an Heem» soe mer merci fir d'Entgéintkommcs. E Merci dem T. Thies, den se kopéiert!

### Owescours-en a Lëtzebuerger Sprooch

D'Owescours-en, déi vum Ministère vun der Education Nationale an der Hëlf vun der A.L. organiséiert gin, waren och d'lescht Jor e groussen Erfolleg. D'Organisatioun vun dése Cours-e loug an den Hänn vum Här Jos Hargarten, Professer zu Esch. Den

Här Hargarten as leider, den 22. Februar 1992, am Alter vun 48 Jor gestuerwen. E soll iwwer d'Graf kraus nach eng Kéier merci gesot kréien.

### Präisverdelong vun den Owescours-en

1991 wor d'A.I. zu Esch, Kielen an Diddeléng derbäi wéi d'Diplomer iwwerreecht gi sin.

### Bréiwen

An der Generalversammlung vum leschte Jor wor proposéiert gin, dem neien Erzbëschof merci ze soen, well hien de Faaschtebréif 1991 op Lëtzebuergesch opgesat a publizéiert hat. E Bréif dowéinst as den 19.3.91 un den Erzbëschof, den Här Fernand Franck geschéckt gin.

— de 27.3.91 goung e Bréif, fir merci ze soen, un de Ministre Président de l'Exécutif de la Communauté Française de Belgique, deen sech an engem Dekret fir regional Sprochen agesat huet. Am Areler Streech as zjor d'Lëtzebuergesch als Minoritéitssprooch (Regionalsprooch) unerkannnt gin.

— den 19.4.91 gouf an engem Bréif un de Minister vun der Education Nationale protestéiert, well d'Lëtzebuergesch am postprimären Unterricht, fir d'Bewäertung, mam Däitschen zesummen, an cent an dat-schwecht Fach erageholl an zu  $\frac{1}{3}$  matziele géif. (Keng Antwort kritt dorop.)

— den 11. Januar 1991 gët an engem Bréif un de Minister vun de Kulturelle Saachen gewünscht, fir am Dicks-Jor 1991 eng Plack zer Lier vun eisen dräi Nationaldichter, apaart fir den Dicks, un d'Servais-Haus zu Miersch ophänken ze loessen. De Minister Jacques Santer huet a sénger Antwort vum 24.1.1991 dee Vorschlag ugeholl. D'Plack konnt awer nüt an deem Jor opgehaange gin, well d'Aarbechten um Haus nach nüt esou wäit wieren — d'Plack as awer färddeg. (Et as awer vläicht da méiglech, wa mer un dem Méchel Lentz sain 100. Stierdag 1993 erënneren.)

— den 23.7.1991 erénnert d'A.L. de Minister vun de Kulturelle Saachen un e Bréif vum

20. Januar 1987 un den Här Robert Krieps, deemools Kulturminister, woura gefrot gi wor, fir de Lëtzebuerger Dictionnaire z'iwwerschaffen, ze kompléteieren an op Computer ze späicherem. — Als Antwort op dëse Bréif invitíert de Kulturminister Jacques Santer d'A.L. fir den 29. Oktober 1991 an de Staatsministère, fir mam Här Staatsminister Jacques Santer an dem Professeur-Attaché Guy Dockendorf iwwer der A.L. hir Propositionen ze diskutéieren. Dono as d'A.L. an engem Bréif vum 8.11.91 invitíert gin, fir den 18.12.91 op enger aner Reunioun an de Press- an Informatiounsdéengscht ze kommen, an do mat dem Comité vun der Sproochsektioun vum groussherzoglechen Institut a mat dem Vertrieber vun dem Kulturministère, dem Här Guy Dockendorf iwwer de Wee an de Fortgank vum Dictionnaire ze beroden. Et soll eng Kommissioun geschafe gin, déi d'Saach an d'Hand soll huelen.

— de 27.11.1991 schéckt d'A.L. e Bréif un d'Zeitungen an un de Radio an deem d'A.L. hir Positioun iwwer den Thema «Auslännner zu Lëtzebuerg» duerleet, Bréif deen och an der Nummer 33 vun «Eis Sprooch» publiziert gouf.

— den 30.4.91 schreift d'A.L. un de Minister vun de Kulturclle Saachen, fir e Subsid ze kréien.

— de 5.8.91 deelt de Ministère vun de Kulturelle Saachen der A.L. mat, datt si e Subsid vu 25.000 Frang kritt.

— am «Conseil National des Programmes», deen duerch d'Gesetz vum 27.7.91 iwwer d'Médias Electroniques» geschafe goufas d'A.L. duerch een effektive Mémber an een Ersatzmémber vertrueden. An der Comités-Sézung vum 27.9.91 gët den Här Henri Rinne als effektive Mémber an den Här Robert L. Philippart als «Suppléant» vun der A.L. bestëmmt.

Et as vläicht e bëssc vill an nüt gutt méiglech, fir alles dat opzezielen, wat am Jor an der A.L. gefrot a geklot gouf, et sief um Téléfon, et siewe Bréiwer aus dem Land sel-

wer ewci aus dem Ausland. (Aus dem Ausland gouf enner anerem gefrot, wat lëtzebuergesch fir eng Sprooch as, asw.)

### Wat geplangt as fir 1992

- 1) Véier Nummere vun «Eis Sprooch»
- 2) Index vun «Eis Sprooch» vun 1-33, vum Marcel Lamy
- 3) Cours-en a Lëtzebuerger Sprooch
- 4) Hierschtfoire
- 5) Neijoosch- a Gléckwonschkaarten
- 6) Versélwert Plaquette

### Rapport vum Caissier

- a) A séngem Keess-Rapport kann de Caissier René Faber der Versammlung matdeilen, datt 1991 2.622.787 Frang erakomm sin an datt d'Depense sech op 1.452.799 Frang belafen. D'Recette komme vum Verkaf vu Bicher 1.185.000 F; vu Cotisationen an Abonnementer 1.000.000 F; vum Verkaf vun Ncijoosch- a Gléckwonschkaarten 100.000 F. Bei den Depense sin d'Drockkäschten d'Haaptsaach 1.000.000 Frang.
- b) Den Här Hugues Folscheid seet dem Caissier am Numm vun de Keess-Kontroller merci fir déi gutt Aarbecht a schléit der Versammlung vir Décharge ze gin, dat och geschitt as.
- c) Fir 1992 gin déi schwécht Keess-Kontroller bää behalen.
- d) D'Budgetprevisione fir '92: 2.000.000 F als Recette an 1.950.000 F als Depense.

### Deelweis Erneierung vum Comité

Kandidat fir an de Comité sin déi dräi Comités-Membere vun der Austrëttslëscht, d'Häre Faber, Roth an Thies, dann huet den Här Marcel Lamy nach séng Kandidatur gestallt. Doduerch, datt den Här Cornel Meder séng Demission agereecht huet, sin esou vill Kandidaten do wéi Plazen am Comité fräi sin. Déi véier gin dann eestëmmeg vun der Generalversammlung gewielt.

### Cotisatioun fir 1993

D'Cotisatioun fir 1993 bleift onverändert: 500 Frang mam Abonnement op d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»; 300 Frang fir Studenter a 700 Frang fir Kollektiv-Mémberen (z.B. Gemengen).

### Fräi Aussprooch

An enger intressanter Diskussioun gin dann nach *aktuell Problemer* opgegraff:

1) *Publikatioun vum ganze Wierk Antoine Meyer.* Den Här Mars Klein, als Vertriebler vum Kulturministère, an och den Här Jean Welter sin onbedéngt dcrfir, fir d'Wierk vum Antoine Meyer ganz ze publizéieren. Den Tunn Gonner huet d'komplett Wierk vum A. Meyer beieneegesicht an an d'Schreifweis vun haut èmgeschriwwen.

2) *Lëtzebuergesch Cours-en.* Den Här René Hubsch vum Educationssministère weess ze soen, datt d'lescht Jor sech 1.057 Auslännner an d'Owescours-en ageschriwwen hätten; esouvill worn et der nach ni. Den Här Hubsch kënnt dann och op dat neit Buch fir Lëtzebuergesch Cours-en ze schwätzen, do géifen nci Weér ageschlo mat *Sprochelabo*, Audio- a Videocassetten. Haaptzil vun dëscr ncier Method wir, dem Auslännern méiglechst séier genuch Lëtzebuergesch bázzebréngén, fir am Dagdeeglechen zuwee ze

kommen. Den Här Hubsch gët der Versammlung och Opschloss iwwer den Europäesche Programm Lingua fir Minoritéts-sproochen.

De Sproochelabo gët vum Här Änder Engelhardt an der Mme Gaby Greenwood nüt als den nec plus ultra ugesin. Den Här Engelhardt erzielt vu séngen Experienzen, déi hic mat de moderne Metoude, fir eng friem Sprooch ze léieren, gemaacht huet. Den Här Henri Muller schwätz iwwer d'Problemer déi ee mam Léiere vun enger friemer Sprooch begéine kann.

3) *Nei verbessert a kompletéiert Editioune vum Lëtzebuerger Dictionnaire.* De President énnerbreet der Versammlung d'Menong vun der A.L. iwwer eng nei verbessert a kompletéiert Editioune vum Lëtzebuerger Dictionnaire. Den Här Mars Klein leet dann d'Opfaassung vum Kulturministère duer iwwer d'Aarbecht vun der Komission, déi den Dictionnaire iwwerschaffe soll.

Da weist den Här Klein och nach drop hin, datt vum 21. bis de 27. September vun dësem Jor, een Internationale Colloque vun der «Europäesche Schrëftsteller an de Minoritéitssproochen» zu Lëtzebuerg as an invitíert d'A.L. do och derbäi ze sin.

De President hieft d'Generalversammlung géint halwer sechs op.

(Foto: Jean Welter)



Pierre Posing

## Optimismus

D'Kiirch war hallef voll eler Leit.

Niewent dem Altor stung eng Télévision an e Panneau mat  
Filimplakater; et war de Sonndeg vun de Medien.

Virun der Kommioun huet den Här d'Leit opgefuedert sech d'Hänn ze  
reechen als Zeeche vum Fridden.

En huet et um Altor mat zwee Kanner virgemaach.

Ee Moment stung ech do ze waarden.

Ech war nêt entschloss.

Déi Rei viru mir hun zwou Fraen sech bekuckt.

'si dréinen sech vlächt zu mir èm...'

Ech hu gewaart.

Ech hal keen Noper.

A méngem Réck hun se sech d'Hänn gin a si hu vu Fridde gepëspert.

'elo séier, soss as et ze spéit !'

Ech hu mech èmgedréint an enger «friemer» Fra d'Hand gin,  
enger Elerer.


'e festen Drock'

Eent däitlecht Gesiicht,  
d'Aë voller Léift.

Nêt alles brauch séng Zäit.



*«En as dem Efalt  
aus der Hatt gesprongen»*



*«E geet do wéi  
wann en op Eër géng»*

# Vum Colette a Fernand bis hannesch bei de Litty

Wien hätt déi béis Chansonnier-en a Variétésartisten nüt emol héieren, et sief «live» oder op eng vun hire ville Placken oder Cassetten? An elo sin déi zwec a Pensioun gaangen. Hire leschten Oprëtt wor de 5. Abrëll 1992 zu Waasserbëlleg, beim Fëscherclub — de Fernand as gär do de Wuurm zappen a schwamme léiere gaangen — d'allerlescht an der Télëvision, am bekannten «Hei elei» den 3. Mee 1992. 36 Jor waren si zwee zcsummen opgetrueden, si, déi esou vill Amusement a Stëmmung op munnechen Owenter geschafen hun. Émmer mat Spaassegem, mat Witzen a Sketcher, schaussege Lidder, gemësch mat Eeschtem. Wiren déi «lëschteg» Owenter esou lëschteg gewicscht, wann déi sympathesch Koppel nüt dacks do derbai gewicscht wiren? Wou si opgetruede sin, do wor Stëmmong — haut geif ee soen «Ambiance». Et duerf ee vun hinne soen, datt si nach gesongen, nüt gebrëllt a gebläert hun, nüt verkleet worn, méi nach wéi e Fuccsgeck oder Haalwerweis. Si hun c Genre gehat, deen elo doudsécher vermessst gët — eleng vun denen Eleren? — cben hire Genre.

Et soll hei ernimmt gin, datt de Fernand mam Familjennumm Wark op der Neimille bei Ueschdrëf den 10.9.1916 op d' Welt koum, zu Bréissel Bäcker léiere gaangen as, do ewell mat der Gitarr an dem «Eldorado» oprëttt, am Krich Bus-chauffeur zu Neuwied wor, sech als Bäcker um Lampertsbierg 1947 opgeschloen hat, mä d'Bakstuff 1953 Bakstuff si gelooss huet a Resender gouf. D'Colette, geb. Hoffmann, huet en ém 1956 op engem Crochet kennegeléiert an 1963 si si matence bestued gin. — Hien as virdrun eng Zäit mat anere Kollegen opgetrueden, wéi mam Jeff Besch, si hu Sketcher op Veräinsowenter zum Beschte gin, hien huet an der Revue matgespillt, hat och alt am Theater Rollen...

Am November 1956 sin d'Colette an de Fernand fir d'éischt zu Rodange zesummen opgetrueden. Si waren nüt némminen e stännege Gaascht, wann d'Nationalotterie gezun as gin, si waren och soss ueter d'Land gär gesin — an d'Lcít haten hire Spaass.

Wéi dat esou as, alles séng Zäit brauch bis en Artistenduo bekannt as, sou och déi allebéisid. (Si hun am Ufank franséisch an däitsch Schlagerlidder gsongen, éier se d'Lëtzebuerugescht mat erageholl hun.) Dat wor duurch de «Jhangli», deen zénter 1964 am Lidd den Houwald eropfiirt — Text Jeff Besch, nom Engleschen: «The little train to Santa Fe». De Jhangli selwer fiirt ewell laang nüt méi, mä d'Lidd as nach émmer lieweg an hält domat e Stéck Eisebunnsgeschicht an Erënnerong, e Stéck Lëtzebuerger Geschicht, wat déi Jong vun haut nüt méi kennen.

Hire Succès as däermoosse gin, datt si am Lëtzebuerger Plackegeschäft (pardon Disquen) 1967, 1974 (60.000 Placken), 1981 (100.000 Placken) d'gëlle Plack an den 3. Mä 1992 d'gëlle Cassette vum Lux-Sound kritt hun.

Nieft dem «Jhangli», denkt een ouni laang z'iwwerlcën, un de Pättchen, deen ee gär am Stammlokal drénkt, cen nüt do ka bleiwen, wou et kce Schnaps a kee Béier gët, un d'Pompercher, déi émmer um Dill sin, un déi Futballspiller, an un aner Lidder, wéi vun anersproochege Schlager, déi an d'Lëtzebuerugescht émgetext si gin, wéi «Mes vertes années», wou d'Millerad an der Baach sech wanzelt... asv., asv.

Déi béis sin och déi, déi elo, wou se der Bühn äddi gesot hun, un engem séng (méi) jong Joren erënneren, wéi deer Sänger a Sängerinnen op de Mäert an den drëssger Joren ze héiere worn. Et waren dér deemools dräi vun Esch-Uelzecht, wann de Verhalt richteg

as: de Pirli Houss, de Louis Houss an den Eugène Becker. Si hun op bekannt Lidder a Schlager Lëtzebuerger Texter gemaacht, déi s'op Blieder drécke loussen, wou drop stong; no deem an deem Lidd. Um Maart stoungen se dann op enger giedlecher Plaz an hu gesongen, sou laang gesongen bis déi intréssiert Lauschterer d'Lidd kannt hun, si hinnen och gehollef hun d'Lidd nosangen, an hinnen d'Blietche mat de Lidder fir c Frang verkaaft hun. (En Aarbechtr huet déi Zäit esou eng 3 Frang d'Stönn verdéngt.)

Déi jong Leit vun haut kënnen nüt wëssen, datt et deemools nach bal kee Radio gouf, vläicht wor ausganks den drësseger Joren een oder héchstens dér zwéin am Duerf. An et huet een eng laang Antenn missen hun, fir iwwerhaapt eppes zc kréien. Königswusterhausen, Hilversum, Lubljana c.a., méi spéit Lëtzebuerg, stoungen op der Skala vun deem Stéck Miwwel. Den UKW as jo créischt hei am Land 1959 komm. Télëvisioun oder Fernseh, wéi der wéllt, doru gouf iwwerhaapt nüt geduecht. — An clo hu mer ewell déi «Quer-radioen», Walkman!

Awer, awer, dat waren nach Zäiten, wéi cen nach Sängerinnen a Sänger konnt an de Wiertschaft nolauschtere goen. No hircm Sangen sin se mam Teller an der Stuff ronnerem ophiewe gaangen. Dat éischt Erliesnes — an dat wor eent fir e kleng Jong vum Duerf — dat de Jong hat wor zu Esch-Uelzecht, wéi e bci de Monni an d'Tata op der Kiirmes wor. Déi sin da mat der Mamm bei den Doerner gaangen, do si Sängerinnen opgetrueden. Deer Sängerinnenc eng huet esou en trauregt Lidd gesongen, datt et deem klenge Jong däermoossen zu Härze gong, datt e séng Kiirmessuen alleguer, säi ganzt Verméigen, op den Teller wollt leën, wann d'Mamm nüt gewiert hätt. — Et louge méi Fénnefsustécker wéi Frangen um Teller. —

Et sief nun awer nach un c ganz Bekannten aus deer Zäit ém an no dem éischte Weltkrich erénnert, dee viru 60 Jor gestuerwen as an esouguer eng Plaz am Lëtzebuerger Dictionnaire fond huet: de *Litty*. An deem geléierte Buch heescht et: 1) «Zieraff» — cf. Liri:

«leichtsinniger Mensch»; 2) «Name eines luxemburgischen Variétésängers (Lutty?), der bei der Kirmes und an sonstigen Festen selbstverfasste Lieder, auch Chansons anderer Autoren vortrug» — Beispill: e stellt sech wéi de L. Mat deem Saz solt ugedeit gin; e spillt de Geck, de Clown. (Wat do ugin as wéi wann den Numm vu Lutty? eventuell hierkéim, misst an deer neier Oplag gestrach gin. Schéngt dat Wuert, deen Numm, dann nüt éischter vum franséische «lutin», spézbouwesch, wibbeleg, schallekscg, hierzestamen — lutin = Kobold am Däitschen — zemol, wa mer wëssen, datt de Lëtzebuerger sech esou muss ploen, fir en ü auszespriechen, deen dofir éischter en i seet oder gesot huet.) «Cet enfant est un vrai lutin», heescht et als Beispill am «Larousse».

De Litty wor *de Chansonnier* a Kabarettist, Variétésartist vu Beruff (ob hien niewebäi nach eppes anesch geschafft huet as nüt bekannt). De Litty wor eng stad- a landbekannt Perséinlechkeet. Hie konnt eppes. A wann hien och alt emol Texter a Lidder geschafien huet, dann huet en awer am meeschten déi vum Poutty Stein, Guill Lauff, Louis Petit énner d'Leit bruecht, sou datt se iwwerlicht hun, sougar dár dervun haut nach gesonge gin. Wien denkt dann drun, datt et de Litty wor, deen déi hei kréiert huet: «D'Iechtercher aus der Stad» (Text: Louis Petit, Melodic: *Sous les ponds de Paris* vum Vincent Scotto), «Manila a Rosalie» (Text a Musek vum Louis Petit), dann d'Lidd vun der Dreschmaschin, dat vum Kautschuswupp, vum naischnotzege Bléck am Gesiicht (Musek Louis Beicht), dem Wirsch séng Wueden (Musik J. Faber). Franséischer huet en natirlech och gesongen, déi deemools am Schmass wornen, wéi: *Si tu veux Marguerite, Viens Fifine, viens...* (viens Poupoule)...

Wie war dann nun de Litty? Mam Familiennumm huet e Pierre-Toussaint Stefani geheescht. E wor dc 16. Januar 1872 zu Lëtzebuerg op d'Welt komm. Säi Papp den Toussaint Stefani, wor op der Ënsel Korsika gebuer, vu Beruff «Representant de commerce», séng Mamm d'Marie Speidel, eng

Lëtzebuergerin. De 6.12.1913 huet de Litty d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholle. Hie wor fir d'éischt mat der Marie Wagner bestuet, gouf gescheed, as du fir d'zweet mat der Pauline Blomister, Artiste, vu Metz bestued gin.

De Litty, de Pierre-Toussaint Stefani as de 27. Januar 1932 zu Lëtzebuerg an der Franziskaner-Klinik um Fëschmaart un enger Blutvergëftung gestuerwen. An der «Jong-Hemecht» (No 4/1932 — S. 123) steet e klenzen Artikel ënnen «Dic Toten der Hcimat» an dcem et heescht, datt hic mam «Brettstar Bobby» opgetruede wir. Hie wir c «sroher Knabe» gewiescht, deen a jonge Joren an den afrikanesche Kasäre vun der Friemclegioun mat «l'heaterspiel und Chansons erheiterte». Kee Lëtzebuerger Liddche wir gedicht a vertount gin, dat hien nët lancéiert hätt. — Wéi en nët méi als Chansonnier opgetratt as, hat en dono véier Jor zu Munneréef d'Bodega, an huet «ehrsam und fleissig, nett und adrett» gelieft, mat him géif en Typus aus der Virkrichtzäit verschwannen, deen deer sympatheschster ee wor. Loosse mer nach baißlecken, datt hie kee «Moritatensänger» wor, wéi d'Seckbachs z. B., wann hien och op der Fouer opgetrueden as.

De Litty wor ee vun dese Personnagen, déi de Léon Blasen an der Rubrik «Kulturell oder folkloristesch Rätsel: Wésst Dir dat?» am Télécran Nr 21/1986 — S. 14-17 d'Leid rode gelooss huet, wou een och nach méi iwwer hien an aus deer Zäit gewuer ka gin. — Et sief derzou un den Artikel vum Léon Moulin an «Eis Sprooch» Nr 5/1974 erënnert.

De 4. Abrëll, samschdes, hun d'Colctte (Hoffmann) an de Fernand (Wark) no 36 Joer zu Waasserbëllegh hiren Äddi gemat, deen allerleschten (?) am «Hei elei», den 3. Mee 1992. Si hun hiirt gemat an hirer Zäit. Si waren einfach a riichtewech d'Colette an de Fernand. An esou wéi dem Litty sénger Lidder, denen Escher hirer dono, bei de Leit laang viru bekannt bliwwen sin, esou bleiwen deer vum Colette a vum Fernand sécher hänken...

A mam Dicks kënnt ee soen, wéi en dem Lentze Misch an engem Gedicht sot... Dénge Lidder séngt mer laang... sou och elo, wann et nach Leit gët, déi sangen...

*b.r.*

\*Méi iwwer déi zwee an: Roger Spautz: Die Entertainer der Nationallotterie. Vortragskünstler und Kabarettisten. RTL-Edition, Bd I.1983 — Revue Nr 14, 1. Abrëll 1992 — Lux. Wort 4.4. a 6.4.1992 c.a.

Action Lëtzebuergesch — Eis Sprooch

21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg  
Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg  
Tel. (Antwercapparat) 47 0612  
Konten: Postscheck 6644-48  
Spuerkees 1000/7250/4  
BIL 4-100/9748

Wat an den Article stéet, as nët onbedéngt d'Menong vun der Action Lëtzebuergesch — Eis Sprooch.

## Notizen

Elo kréie mer Radioën amass. De 16. Mee '92 as ee gegrënnt gin, deen sech «*Alter Echo*» gedeelt huet. Kapital 12 Milliounen. 6 Associatiounen sin do genannt: COMMSortium, Mondop, Audiopax, Actioun Solidaritéit Tiers Monde, Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga, Mouvement écologique, Oekofonds; Gérant gouf de Robert Garcia genannt.

Eng aner Radiosgesellschaft gouf de 27. Mee mam Numm «*Société européenne de communication sociale*» gedeelt. — Kapital 20 Milliounen. Hire Programm nennt sech «*Radio Latina*» a wëllt e kulturellen Austausch mat an tëschent dene Communautéiten, déi als Basis d'Latäin als Sprooch zu Lëtzebuerger hun. Grënnongsgesellschaften oder Veräiner sin de CLAE, d'ASTI, CAPL (Confédération des associations portugaises au Luxembourg), de Centre culturel & récréatif italien «*Eugenio Curiel*», de spuenesche kulturellen Zenter «*Antonio Machado*», dann d'Information Publicité Luxembourg, déi portugiesesch Zäitschrëft «*Notícias*», an aner «investiteurs institutionnels». De Comité: Präsident de Gino Santini; Vize-Pr. de Bob Hochmuth; Membren: Serge Kollwelter, Luis Ferreira, Antonio Dos Santos, an ee vun der UBP. (Lux. Wort 29.5.92)

Deen drëtte bis elo an der Rei as de «*Luxradio*», Kapital 30 Milliounen, deen de 25. Mee '92 gegrënnt gin as. Grënner sin: Videocom, Editions Revue, Editions d'Lëtzebuerger Land, Eltrona Interdiffusion, Voyages Flammang, Soparad Holding, André Losch, Rolph Reding. Gérant as de Fernand Weides a Guy Ludwig (tageblatt 26.5.92)

Dee 4. Regionalradio as d'«*Société de Radiodiffusion*». Kapital 80 Milliounen. (cf. «*Eis Sprooch*» Nr 34). — 31 Kandidaturen si bis den 30. Mä '92 gemat gin. —

\*\*\*

Am Kader vun der «*Press an der Schoul*» (vum Lycée l'technique Nic. Biever, 5<sup>e</sup>) huet d'tageblatt eng Ëmfro maache gelooss, fir gewuer zc gin ewei d'Lëtzebuerger an d'Auslännner sech fir d'Walrecht géife stellen a wéi se mateneen auskéimen. — 228 Lëtzebuerger an 127 Auslännner goufe gefrot. 66% Lëtzebuerger sin nët fir d'Ge-

mengs-Walrecht fir d'Auslännner; 76% waren dergéint fir d'parlementarescht Walrecht. Bei den Auslännern menge 74%, datt se d'Walrecht fir d'Gemenge sollte kréien, awer nëmmen 43% hätten och gär d'Walrecht fir d'Parlament. — Et gesäit een awer och aus deer Ëmfro wéi wäit, datt déi 150% Lëtzebuerger bei de Leit Uklank fannen. Et heescht do e.a.: Auslännner eraus; D'Auslännner duerfen d'Chance nët kréien, fir sech hei breet ze trëppelen, soss kenne mer Lëtzebuerg gläich vergiessen; Et geet elo endlech duer, Lëtzebuerg de Lëtzebuerger, léiwer haut wéi muer... Wie méi dorriwwer wéllt wéssen kann dat am «*tageblatt*» vum 26.5.92 noliesen.

\*\*\*

De *Litteraturpräis* '92 vun der Fondatioun Servais krut de Roger Manderscheid fir de Roman «*De Papagei um Käschtebam*» de 27. Mee '92 am Kapuzinnertheater. — Et as fir d'ëisch, datt dee Litteraturpräis iwwerreecht gët, dee vun der Fondatioun Servais gestëft gouf. Am Verwaltungsrat vun der Fondatioun sin: Edmond Israel, Präsident; Liliane Thorn-Petit, Pierre Hamer, Mars Klein, Cornel Meder, Alain Meyer, Roger Nothar, Paul Reiles, Jacques Santer, Emmanuel Servais a Raymond Weber. — An der Jury waren: Jul Christophory, Präsident; Lise Linster, Caroline Mart, Claude Conter, Romain Kohn a Marc Olinger. — Et sief hei op d'Rezensionen vum Gjpr vun deem Roman an der Nummer 34 vun «*Eis Sprooch*» higewisen.

\*\*\*

De Jhemp Hoscheit huet de Präis vun der *Kabarets-entente* kritt. Vun 31 Texter waren déi véier vum Hoscheit déi cenzeg, déi deem entsprach hun, wat gefrot wor gin. Jury waren: Danièle Gaspart, Caroline Mart, Jacque Weber, Pir Kremer, J.-Pol Roden, Fons Ruppert a Guy Wagner.

\*\*\*

D'Aarbechtstherapeute sichen Nowuess, déi Lëtzebuergesch kennen, well et néideg wir, datt déi mat de Leit künnte schwätzen. (tageblatt 5.5.92)

\*\*\*

«*D'Lëtzebuergescht op RTL*» as d'lwwerschrëft vun engem Licserbréif vum E. Meyer am «*tage-*

blatt» vum 9.5.92 (Lux. Wort 20.5.92). Et gët sech doran iwwer dat «schappegt Lëtzebuergesch» beklot, daat eenzel Speaker an dat apaart bei den Neiegketen an an de Reklamme schwätzen... «De Radio huet do eng grouss Verantwortung. D'Leit sollte grad vum Radio hëcieren, wéi e proppert Lëtzebuergesch as. De Moment héiert een ower dacks, wéi een et nët sollt maachen.» Et gin dann deer Saachen opgezielt, déi am Lëtzebuergeschem anescht sin ewéi do lichtfankeg gesot gët, d'Bctounong wir dacks géint eise Gebrauch, an dann, dat wat se am Radio aus dem Däitschen iwwerholl hun: en as 18 Jor jonk, amplaz en as 18 Jor al...

\*\*\*

Et deet engem leed, wann een op engem Monument liscie muss: «Hei läit bluttgedrängte Buedem» amplaz «gedränktes» (Foto am Lux. Wort 13.5.92): am Artikel as awer richteg ze lesen «bluttgedränktes».

\*\*\*

De 4. Mee 1992 worn d'Parteien alleguer beim Staatsminister Jacques Santer an dem Ausseminister Jacques Poos, fir sech iwwer d'Ausländerwalrecht ze beroden. D'Regierung huet virgeschloe fir Exceptionen am Maastrechter Vertrag ze froen: EG-Leit kënne bei de Gemengewale matstëmme goen, wann sc op d'manst zénter 12 Jor am Land gewunnt hun, gefrot hu fir op eng Wallescht gesat ze gin an an hirem Hemechtsland d'Walrecht opgin hun. Fir gewielt kënnen ze gin, müssen se zwou Periode vum Gemengerot (dat sin 12 Jor) am Land gewunnt hun. Si kënnen och nët Buurgermeeschter oder Schäffé gin. Am Gemengerot sollen och nët méi wéi 25% Leit Ausländer sin. — An d'Gemenggesetz soll ageeschriwwen gin, datt an der Debatt an enger vun den dräi Sprooche gededegt misst gin; Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. — Extra Lëschten, wou nëmmen eenzeg an eleng Ausländer drop sin, gin nët zuogclooss; et musse weindegstens 50% vun de Kandidate Lëtzebuergere sin. — Den EG-Rot kritt déi Proposition virgluegt, deen da muss entschieden, an dat cestömmeg, ob se ugholl gët. (Lux. Wort 5.5.92, Tageblatt 6.5.92)

\*\*\*

Den Avis vum Staatsrot gesäit wéinst dem Recht fir mat wiele kënnenc ze goen kee Grond fir de Maastrechter Vertrag nët ze ratifizéieren, et

bräicht virdru keng Ännernung an der Verfassung, der Konstitutioun, gemaacht ze gin; wann de Vertrag nët ratifizéiert géif, wir dat eng uerg Saach fir Lëtzebuerg. Déi Virschléi vun der Regierung gi gutt gehalen. Natiirlech misst d'Verfassung bis den 1. Januar 1994 geännert sin, wann de Vertrag a Kraafst kéim. — D'Modalitéité misste bis den 31. Dezember 1993 festlcien. (Lux. Wort 27.5.92)

\*\*\*

An engem Licserbréif vum J.B. un d'Lëtzebuerger Wort vum 9.5.92 geet Rieds vum «Wahlzwang», dee mir hei zu Lëtzebuerg hun. Hie mengt, datt dat op deer enger Säit nët demokratesch, op deer anerer et awer och Virdeler hätt. Wa nun d'Ausländer mat stëmme kënnnte goen, misst den Zwank opgehewe gin, well et nët kënnnt sin, datt ocn en Ausländer kënnnt zwange stëmmen ze goen. — Do froe mir áis (ech) awer fir wat dann nët. Wa schon, da schon. — Mat Recht mengt de J.B., datt wann den Zwank opgehewe géif bei den éischte Walen, kënnnt et sin, datt munnech Lëtzebuerger nët géife wiele goen, d'Ausländer awer, datt d'Regierung iwwer de Kapp vun de Lëtzebuerger sech géif entscheiden, fir den Ausländer d'Walrecht zouzegestoen, ouni Referendum. — Et freet ee sech (ech) nees, ob dat gutt wir, wann d'Walrecht nët méi obligatoresch wir, och fir d'Ausländer, well wou dat hiféiert, wann et engem Koup Leit egal as, géife mer dann nët erlieten, wéi am Ausland, datt dann d'Extremisten a Fanatiker och Meeschterschaft kriten? Wir dat gutt? Wéi nëmmen déi wielen duerste goen, déi 30 oder 10 Frang Steiere bezuelt hun, gouf et als Onrecht ugesin, an haut soll et dér gin, déi sech dat Recht wëllen huele loossen, durch d'Ofschafe vum Walzwank! — An, iwwerhaapt, de Vertrag scet, datt d'EG-Bierger éinner dene selwechte Konditiounen solle wieleen dierfen, wéi d'Virschréften an deem Land sin, wou se sech ophalen a liewen.

\*\*\*

Huet Dir et gelies? Mir sin elo zu 399.239 am Land vun 2.587 Quadratkilometer. 271.675 si Lëtzebuerger (68,1%); 113.747 sin aus denen elef EG-Länner (28,5%); 13.617 aus anere Staten (3,4%). Iwwer 18 Jor al sin dér 316.980; Lëtzebuerger 218.575 (69%); EG-Staatsbürgere gin et dér 88.079 (27,7%); aner Staten 10.326 (3,3%). (Lux. Wort 8.5.92)

\*\*\*

An der leschter Zäit stongan am «tageblatt» eng Rêtsch Artikelen iwwer eis Sprooch: 18.12.91: Nachdenkliches über eine verflochtene Sprachlandschaft (Mars Klein); 18.1.92: Sprachsoziologische Betrachtungen in Luxemburg (Alain Weins); 23.1.92: Luxemburgisch als Fremdsprache (Alain Weins); 30.1.92: Eng Litteraturgeschicht (Marc Hessel); 21.2.92: Den Dictionnaire (Marc Hessel); 28.2.92: Eng Grammaire (Marc Hessel); 7.2.92: Luxemburgisch als Fremdsprache (Alain Weins); 12.2.92: Luxemburgisch in den audiovisuellen Medien (Alain Weins); 7.3.92: D'Lëtzebuerger Orthographie (Alain Weins); 13.3.92: Mëndlech a schrëftlech (Marc Hessel); 20.3.92: Lëtzebuergesch an der Schoul (Marc Hessel); 4.4.92: Zukunftsperspektiven des Luxemburgischen (Alain Weins); 4.1.92: E Gespräch mam Prof. Dr. Ottmar Werner iwwer «Intuitives Beherrschen mit sprachwissenschaftlichem Verständnis verbinden» (Marc Hessel, Alain Weins)

\*\*\*

Den Direkter vun der Nationalbibliothéik, de Prof. Jul Christophory, huet den 22. Januar 92 zu Munneref am «Waasserhaus» iwwer: Huet d'Lëtzebuerger Sprooch eng Zukunft referéiert. Et waren eng 50 Leit do, déi nom Referat mam Riedner diskutéiert hun.

\*\*\*

An engem Lieserbréif am «Lux. Wort» (7.3.92) mësshält sech de Roger Lugen énncrem Titel «Vun der Plëssdarem» iwwer esou Gelungenes an Topeges an eisem Sproochgebrauch. Hie mengt, datt et dach bosseg wir, wann et heesch: «Ein Unglück in der rue de Strasbourg» oder «Die Gemeinde Schutrange». An dann iwwer d'«Plëss», fir eis «Plëssdarem» ... «ob am Gespräch, an den Zeitungen oder am Radio: dat Wuert Plëss as a bleist eng Dommheet...» — An domat huet e Recht.

\*\*\*

14.071 Stëmme si géint de Pei-Museum op den «Dräi Eechelen» gesammelt gin, déi d'Châmbres-présidentin Erna Hennicot-Schoepges als Petitioun de 16.3.92 iwwerreecht kritt huet. Déi néng Organisatiounen (Frënn vun der Festungsgeschicht, Jeunes et Patrimoine, Mouvement écologique, Stad a Land, Stoppt de Bagger, an d'Intres-

severäiner vu Clausen, Kiirchbierg a Weimesch-kiirch) sin am Fong nüt géint de Bau vum Musée, mä weinst der Platz.

\*\*\*

De Folklor- a Wäimuseum «A Possen» zu Bech-Maacher as och groussjäreg gin, well e besteet zénter 20 Jor. De Pross an d'Gaby hun do eppes Eenzegaarteges geschafsen a geleescht, well nüt némme gin do Saachen aus der «aler» Zäit gewisen — et soll ee se kucke goen — et gin och Lëtzebuerger Owenter organiséiert. D'est Jor sin deer — nieft Ausstellungen — dér den 28. Mäerz (Gutt gedickst — Cabaret Scène libre); Juni: Erennunge vu Réimech (Misch Raus); 27. Juni en Owend mam Pir Kremer; Schlussowend mam Leon Blasen de 24. Oktober '92. Et ka jidderen dohi goen a lauschteren, an e gute Patt drénken oder alt emol en appetitleche Maufel iesen.

\*\*\*

Wéi wäit Dommhcet an Onverstand künne goen, dat huet sech zu Réiden op der Kor (Rodange) nuets vum 12. op den 13.3.92 gewisen, wou der an der Schoul agebrach sin an d'Maueren an d'Biedem mat ausländerfeindlechen a nazistische Paroule beschmiert a begladdert hun. Déi dräi jong Borschte sin dono erwësch gin, se wirken nüt aus der «skinheads-zeen» (mä wat fir sin et dann, dat wéiss een emol gär) a se kruten e Protekoll. Hätten se nüt sollen ugestallt gin, déi ganz Sauerei ewech ze maachen an alles nei unzesträichen; an dernieft nach e fatzege Protekoll?

\*\*\*

Zu Stroossbuerg kommen elo och déi elsässesch Nimm énnner déi franséisch op d'Stroossechelter. Méintlaang huet et gedauert, éier et esou wäit wor, a fir ze wësse wéi d'Strooss soss vun de Leit genannt gin as sin déi al Leit gefrot gin. Déi Stroossbuerger mengen och, datt déi Nimm op de Schélder dem touristesche Wäert vun der elsässescher Stad ze gutt kéim. Zénter 1983 hun awer Stroossen an der Foussgängerzon hiren elsässeschen Numm, wéi Planzbad fir rue du Bain-aux-Plantes, Spitzegass fir rue des Dentelles. Dat selwecht as och mat Stroossenimm zu Mülhausen, Colmar a Schlettstadt (Sélestat) geschitt, wou en etlech Stroossen deen duebele Numm erëmkritt hun. (Saarbrücker Zeitung

24.1.72.) Hätte mer eis Autoritéiten dann och emol esou wäit, datt se op *all* Stroossen- an Duerfschelter déi Lëtzebuerger Bezeichnung géife setzen!

\*\*\*

1986 haten déi véier Dierfer vun der Gemeng Eschweiler/Wolz Sue gesammelt fir e Monument opzerüchten, dat un zwéin Zaldoten erënnere sollt, déi do gefall worn. D'Monument, zwéi Leëbleck mat bronze Wopen, steet an der Kirel, tüschen Eschweiler a Knaphouschent an all Jor gin am September do Blummen niddergluegt. D'Blummenarrangementer sin dacks geklaut gin, elo awer woussten dér et besser: si hun déi zwéi Wopen erausgebrach a matgeholl. Bis haut as nach nüt gemellt gi wien déi «Held» worn, déi dat faerdig kritt hun.

\*\*\*

De Präsident vun der Télélux, de Senateur-bourgmester vu Marche, André Bouchat, huet d'Interkommunal vu der Télédistribution ge-frot fir Kontakt mat RTL Lëtzeburg opzehuelen, fir de «luxembourgophones» d'Méiglechkeet ze verschaffen, fir dei lëtzebuergesch Programmer vun RTL och kënnen ze kucken. (L'Avenir de Luxembourg — 21.1.92)

\*\*\*

An deer schlechter Zeitung gët de 17.2.92 vu Baaschtnech aus geklot, datt d'Wallounesch aus hirer Géigend géif austierwen. Zu Lutrebois (lëtzebuergesch: Lautermännchen) géisen nach 30% wallounesch schwätzten, déi aner 70% franséisch. An de klengen Stied wir et nach méi schlëmm. D'Ursaachen dervu gi gesin: well d'Dierfer lues a lues eidel gin an d'Leit an d'Stied zéien; dann, well d'Wallounesch aus de Schoule verstooss gouf; well d'Wallounesch als Bauersprooch ugesi géif gin. Fir dergéint eppes ze schaffen as e «Conseil des langues régionales des langues endogènes» den 12. Oktober 1991 ge-grënnt gin an deer der 4 aus der Provënz Lëtzeburg sin, énner denen den Néckel Bach vun Atert.

\*\*\*

An de Kulturfong sin 1989 43 Milliounen abezuelt gin, 1991 némme méi *eng* Milliouen.

D'Châmerspräsidentin Erna Hennicot-Schoepges huet e Gesetzprojekt an d'Châmber bruecht an deem eng Reform vum Kulturfong virgesin as.

— De Stat géif de Moment nüt vill fir d'Kultur bäidroen an de Gemengen dat iwwerloessen (Haaptstad an Esch apaart). Beim Pei-Museum géif dat sech och weisen, datt et de Promoteren manner ém d'Kultur u sech géif goen. Wann d'Gebai eleng 5,3 Milliarde kaschte géif, da wire fir Konschtwicker ze kafen nach grad 70 Millioune virgesin, bant denen éischten dräi Jor, dono nach 30 Milliouen; fir grouss Spréng géingen esou Krediter nun awer net duer... (Leitartikel am Lëtzebuerger Journal 14./15.3.92)

\*\*\*

Énner dem Titel: «Schwäzt Dir lëtzebuergesch?» méngt d'Cathy Jaeger an der «Revue» vum 5.2.92, géif cen haut alt froen an dann och geäntwert krit: «Vous parlez français?» Dat wir esou an dene grousse Geschäfter, an dem Café, am Restaurant, souguer an der Klinik. Am Ausland géife mer dacks fir Preise gehalen, wéinst sou halwer däitsche Wieder, dernieft franséisch Sätz hätten. Dat wir nun némmen hallef esou schlëmm, wann et nüt en etlech lëtzebuergesch «Sproochgenen» géifen, déi haupsächlech de Leit vun de Medien op de Mond, op d'Fieder géife kucken. Déi hätten eventuell besser emol bei sech selwer unzefänken an opzepassen, wat si géife soen. Et géif mech (Cathy Jaeger) intresséieren, wéivill friem Wieder an engem Dag bei hinnen erauskeimen, Zäit hätten se jo genuch fir esou «aufwendige Untersuchungen». — (Déi arem Jongen a Medercher vun de Medien, wat gin déi aarm Wiirmecher dach op d'Schëpp geholl vun dene béise «Puristen». As et dann crlaabt ze froen, ob een eng Sprooch nüt kenne misst, wann een sech an de Medien breet mécht? — d'Red.)

\*\*\*

An der Generalversammlung vum Lottrénger Veräin «Wéi laang nach?», dce fir d'«Fränkesch Sprooch» z'erhalen antrëtt, heescht et an hirer Zäitschrëft «Gewan» (Mäerz 92, Nr 33), datt si e Projet fir en Zenter iwwer d'Grenzen ewech zu Groussbliedersdorf an en anere fir eng dräisproocheg Schoul, fir den Eck Opech (Apach) — Pärel (Perl) — Remerschen énnerstëtze géifen an och méi Kontakt mat Lëtzeburg gesicht géif gin; nach méi Duerfschelter mat der Lottrénger Bezeichnung gi gewënscht.

De Präis (75.000 Frang) vum *Litteraturkongkur 1991* krut de Guy *Rewenig* fir säin Theaterstéck «Belsche Kongo» zougesprach a gouf him am Mäerz 1992 zu Klierf am Schlass iwverreecht. Et ware 16 Stécker vun elef Autoren ageschéckt gin: 11 worn op lëtzebuergesch, 5 op däitsch. Gratulatiounen. — De Präis fir Molerei a Konscht fir jong Kënschtler huet d'Isabell *Schoentgen-Schmitz* kritt; de Werner *Müller* vun Tréier krut de Präis vum LAC fir séng Kompositioun «Sentimentaler Körper».

\*\*\*

De «Minettsdapp», eng Verenegong vun der Kulturkommissiou vun de Gemengen aus dem Minett, hat e *Kongkur fir Theaterstécker* ausgeschriwwen, wou den Thema iwwer d'Minettsgegeng an hir Entwécklung ugi wor. De Präis kruuten den Nico *Helmingher* mat dem Stéck «Miss Minett» an de Guy *Rewenig* fir d'Stéck «Den Eisefréisser». Et heescht de Präsident Cornel Meder wir ganz zefritten iwwer déi gutt Aarbechte gewiescht, déi ageschéckt wore gin, an denen d'Minettsgegeng vu verschiddenen Autoren gutt gesi wir gin. D'Stéck «Miss Minett» sollt den 13. Abréll zu Esch-Uelzecht opgeféiert gin; d'Stéck vum Guy Rewenig as fir den 13. November 1992 geplantgt. (tagblatt 7.4.92)

\*\*\*

An engem Kongkur vun dem Ministère vun der Nationaler Educatioun a vun deem vun de Kulturelle Saachen gongen d'Präisser un de Jhemp *Hoscheit* an de Fernand *Müller-Hornick*. Den Zweck dervu wor Texter vu Lëtzebuerger Autore fir en ncit Schoulbuch ze kréien.

\*\*\*

Um 37. Grand Prix Eurovision de la Chanson wor Lëtzeburg dést Jor mat engem Lidd op lëtzebuergesch vertrueden. D'Texter an d'Musek dozou si vum Jhang *Linster* an Ab *van Goor*, d'Lidd gouf vum Marion Welter gesongen. Déi béid Autoren haten zwee Lidder geschriwwen, déi den 13. Mäerz am «Ilei elei» virgestallt wore gin: «Iwwerall doheem» an «Sou fräi». Dat lescht krut zwee Dréttel Stëmme vun den Nolauschtrerrer. — Et as fir d'zweet, datt e Lidd mat engem Text an eiser Sprooch do virgedroe gët. Déi éischte Kéier wor et de Camillo Felgen,

1960 zu London d'Lidd «Sou laang wéi s du do bas» gesongen huet an op déi zéngt Platz koum. D'Marion Welter koum mat désem Lidd op déi drëttlescht Platz vun 23. Schued!

\*\*\*

Op enger Cassette, déi bei der BIL, am Hopsi Club crauskoum, erzielen de Flép an de Flip hir Geschicht vum «Geheimnis vun der Hütt». (Op lëtzebuergesch heescht eng Hütt eng Hëtt, zu Rouspert hu se souguer en Hëttesonndeg, dee soss Buergsonndeg genannt gët, wou d'Hëtt verbrannt gët.)

\*\*\*

Am Verlag Emile Borschette, Krëschtnéch as ufanks Må de 5. Band vum Willy *Goergen* sénge Gedichter crauskomm. Wéi déi Bänn alleguer aus der «Klassiker Rei» as e schéi gebonnen a kascht 2300 Frang.

\*\*\*

D'évangelesch Dräifaltgkeetskiirech huet véier nei Klacke kritt, déi alle véier eng Lëtzebuerger Schrëft hun. Op deer grousser Klack, der «Iwwergiljé» (Evangelium)-Klack steet: Si hun duergehalen an der Léier vun den Apostelen. Déi zweet Klack, d'«Gemengeklack» huet d'Schrëft: Si hun duergehalen an der Gemeng. Op deer drëtter, der «Sakramentsklack» steet: Si hun duergehalen am Broutbriechen, an op deer vicerter, der «Gebietsklack» heescht et: Si hun duergehalen am Gebiet. — Den Alain Atten huet d'Schrëfte fir d'Klacken opgesat.

\*\*\*

Eis Kollegen aus dem «Arel Land a Sprooch» hun eng Medail geschaf, deer se den Numm «Dc Sélwäre Fuuss» gin hun. Déi Medail kréien déi Leit déi sech fir d'Arel Land, hir Kultur, hir Sprooch, hir Geschicht, hir sozial Entwécklung e Merci verdéngt hun. Déi éischt Laureate vum «Sélwäre Fuuss» sin: Leopold Kruchten an de Jean-Claude Schroeder fir déi Lëtzebuerger-sproocheg an de Louis Lefèuvre a Claude Berg als Francophone a kruten d'Medail de 16. Mee zu Stackem bei Arel an enger akademescher Sëtzung iwwerreecht.

\*\*\*

# Aus dem Bicherbuttek

*Georges Erasmus/Roger Lugen: «Wéi mer bleiwe wat mer sin». Ill. Alison Koch-Kent. Gebonnen. 118 Säiten. Editpress, Lëtzebuerg. 1992. Präis 680 Frang, 19 × 12,5.*

Aus dem Engleschen iwwerdroen — nüt iwwersat — huet de Roger Lugen deem Georges Erasmus saint Buch «How to remain what we are» fir «Alles wat der émmer wollt wëssen iwwer Lëtzebuerg wat over ni een iech gesot huet». Sou steet op dem Ëmschlag vun dem an haart Deckele gebonne Buch aus deem een eis Geschicht ka léieren, op esou eng spaasseg an ironesch Manéier, datt een derbäi vun Härzen haart laache kann, nec muss. Den Erasmus mat deem engleschen Humor, deen esou gutt op eis Lëtzebuerger Mentalitéit vum Roger Lugen «iwwerdroen» as gin, wou mer mat eiser Gréisst an eiser «Herrlechkeet» esou flott op d'Schëpp geholl gin, als ze soe gewousst huet, wou mer hier sin, an awer nüt wësse wat mer sin — jo wat si mer dann iwverhaapt, dee Grandüchi — datt een un en Daninos crënnert gët, dee sénger Zäit grad esou den Englänner an de Fransous op eng ironesch-satiresh Manéier an e Spigel kucke geloon huet.

Et as e léift Buch, e schéint Buch, nüt némme vu baussen, op gutt Lëtzebuergesch iwwerdroen, dat een derzou bréngt och emol iwverem Laachen nozedenken, fir ze wëssen: wéi mer bléiwe, wat mer sin.

Lent duerf awer nüt vergeess gin, beileiben nüt, dat sin déi flott Zeechnungen, déi apaart gutt gerode sin an derbäi passen, vun der Alison Koch-Kent, déi der Saach eréischt dee richtege Schmass gin. Dat bezit ewell d'Zeechnung um Deckelblat, wou déi véier Lechternacher bant der Sintflut op dem Troosknecpche sétze Kaart ze spiller, an eiser Här op séng Fro wéi se dann dozou kéimen, némmen déi Äntwert krut: Tromp aus.

Wéi gesot, mir huet d'Buch vill Spaass gemaacht, a wann Dir et liest, da wäerd dat iech och bléien.

b.r.

\*\*\*

*René Kartheiser/Marcel Weyland: «Dicks op». Fir de klengen Zuch aus dem Kannerbuch, 10 nei Gedichter fir déi Klang. Knax Club, Spuerkeess. (1992). 52 Säiten. Ill. haart Deckelen. Präis 480 Frang.*

Mat dem René Kartheiser séngem Buch, *Dicks op*, fént d'Lëtzebuerger Litteratur endlech nees e Wierk, dat d'Kannerfantasi usprécht. De Licsér, ob Kand oder Erwuessen, muss aktiv matmaache fir d'Buch voll auszeschaffen, eng gutt Alternativ zur Télévisiounskultur.

De René Kartheiser brauch keng futuristesch, vollelektronesch Science-Fiction Personnagen, wéi se hautdësdaags vill ze dacks an de Kannerkäpp erëmgeeschteren, mä hien iwwerpëttelt traditionell Wäerter. A jhust dës Wäerter bréngen et émmer nees färdeg, d'Kanner, an och déi Erwuessen, dremen ze din. An ouni datt d'Kand et mierkt, fént et e Stéck Lëtzebuerger Kultur a Schreifweis wéi ee se nómme selo méi begéint. Et kénnt een dem René Kartheiser soen, et géif keng Dampmaschine méi gin, mä et si jo jhust dës al Mouken déi fir d'Kanner éieweg Wäerter duerstellen. Si kenne se, well de Bopidervun crizicht huet, oder vu Fotoën, aus dem Musée, a jhust si wëssen d'Kanner ze fassincieren.

Mat vill Bewegung an der Zäit (vum Tréijoér bis dc Wanter erliewe mer aacht Geschichten déi een Dag daueran), am Raum (mir bewegen äis am Land an am noën Ausland), bei all Wieder (vun der Sonn an de Stuurm, iwver de Reebou an de Glëtz a Schnéi), an a munnecher Situations (no der Course mam Ilues bei d'Kueleschéff, an den Zoo, op d'Fouer an duerno bei den Zinniklos) erliewe met d'Geschicht vun engem Zuch deen op séng Manéier eemoleg as. Dem Kartheiser sain Zuch leet sech selwer Schinnen, do wou hic se brauch, genee wéi d'Kanner sech d'Brécke baue fir sech an eiser grousser Welt erëmzefan-

nen.

Eisen Zuch lieft nämlech an dem Kand séngem Buch. Mueres klëmmt hien do eraus, wéi d'Kand aus séngem Bett, an owes, no engem Dag voller Freed oder Aangscht verschwëmmt en nees am Buch, sou wéi d'Kand sech a sái Bett duckelt. Dëst erméiglecht ouni weideres, datt den Zuch direkt dem Kand sái Vertrauen a sái Versteesdemes huet. D'Identifizierung vum Licsér mam Zuch läit op der Hand. D'Gefillswelt, déi duerge-

luegt gët, as dem Kand (ob grouss oder kléng) séng. Mol wabbeleg vun Längscht, mol monter a voller Freed oder verschotert as den Zuch nüt egozentresch genuch, fir déi ganz Geschicht u sech ze rappen. Erënnerc mer un den Zoo, wou d'Déieren aus allen Hälrelänner am Mëttelpunkt stin. Den Zuch as jhust nach den Erzieler, dee sech zréckzitt a lëschteg Schnoken zielt.

D'Schreifweis vum René Kartheiser as op all Situations adaptiert: mol roueg, mol séier, alt méi hektesch oder berouegend: sou fent de Lieser vum selwen de Rhythmus deen de Schriftsteller séngem Wierk mat op de Wee gët. Déi selwecht Hëllef kritt d'Kand oder den Erzieler mam Marcel Weyland sénge Biller. Diskret an ouni onnëtz Detailer énnesträichen des Zeechnungen d'Actioun, ouni awer dem Lieser sain Dram u sech ze rappen.

Mat den zéng Gedichter, déi de René Kartheiser u scéng Geschicht unabhängt, sanne mer nach emol d'Geleéheit dem Kartheiser séng Qualitéit als (Kanner-) Dichter ze énnesträichen. Och des Gedichter bréngen dem Kand eng Liewensphilosophie wéi se haut ze dacks vornolcisseg gët.

Alles an allem, e Buch dat a kenger (Kanner-) Bibliothéik fele soll!

Jacques Steffen

\*\*\*

*Adrien Ries: «Mobilitéit a Flexibilitéit an der lëtzebuerger Ekonomie; De Staatsbeamtestat; Eis Sprooch(en)». 57 Säiten. Präis 250 Frang. Inst. g. d. Sciences morales et politiques. CCP 37983-56.*

Dat sin déi dräi Konferenzen, déi den Adrien Ries nach kuurz viru séngem sténterlechen Doud, am groussherz. Institut, Sciences morales et politiques, 1990/91 op lëtzebuergesch gehalen huet. Hien as deen zweten, deen éischte wor de Jim Cloos, deen eis Sprooch dofir an deer Sektioun gewielt huet. — D'Virwuert derzou vum Präsident vun der Sektioun Raymond Wagner as och op lëtzebuergesch.

Wat den A. Ries a sénger Aart a Weis riichteraus, ouni ze blimmelen an ze vermëppelen, do ze soc wousst huet Hand a Fouss. Wéi gesot fräi vun der Long op d'Zong, ouni een oder eppes ze verschounen. Et as wuel derwäert déi dräi Konferenzen ze liesen, nüt eleng wéinst deem uerdentleche Lëtzebuergeschen, mä well en éierlech an objektiv déi 3 Themaen upaakt.

Kann een him onrecht gin, wann hien de Fanger hieft a behaapt, datt Lëtzebuerger géife mengen

si wiren eppes Besseres, ouni dobäi awer dat Positiivt z'iwwersin. Natürelch gefällt dat nüt jidderengem a vläicht mengt désen oder deen esouguer hie wir gemengt. Sou ganz onrecht hätt en niét, wann den A. Ries a sénger éischter Konferenz «Mobilitéit a Flexibilitéit» sect, datt ee sech selwer och misst beganne fir Aarbecht ze fannen, dofir och alt emol aus dem Minett an d'Éislek plénnere sollt, well dat as nüt manner wéi datt déi vun «do uewen» missten no «do éenne» fueren, fir eng Schaff ze hun. Zu Wolz hate se sénger Zäit Leit náideg gebraucht, mä et as ze soe keen aus dem Süden an Zenter dohinner gezun, déi keng Aarbecht haten, fir do eng Plaz ze kréien. D'Leit aus den Nopeschlänner sin do nüt csou glott a kammoud a koumen du aus der bclscher Nopeschgeigend.

Et deet engem leed nüt dat alles kennen opzéddé schen, wat den A. Ries dozou virbruecht huet, grad ewéi dat, wat en iwwer de Staatsbeamtestat m. M. ganz iwwerlucgt opzielt. Gi mir dann nüt e Staatsbeamtestat, wou mer 1991 ewell 32 Staatsbeamten, Gemengebeamten oder Beamten aus parastaatlechen Institutionen an der Chamber setzen hun, mat all dene Virdeler déi déi hun? As et nüt gelungen, wéi den A. Ries och seet, datt Staatsbeamten d'Gesetzcr opsetzen, déi dann an der Majoritéit vun dene Staatsbeamten-Dépétéierten an der Chamber gestëmmt gin. (A wéi as et dann am Staatsrot? — d'Red.) Froe gin der amass vun him opgeworf, Äntwerten drop, déi nach laang nüt jidderengem passen, déi awer nüt esou mir näischd dir näischd vun der Hand ze weise sin, zemol deen hei Passage, deen och nach laang nüt gefale wäerd (Sait 21. 2.3): «Drëtte Grond: well d'Parteie besonnesch di déck, d'Staatsbeamten dacks op Grond vun hirer Parteikaart an nüt op Grond vun hirem Wëssen a Kënnen ernennen. Kee Wonner also, wann d'Staatsbeamten, och an de Parteien, déi éisch Gei spille(n) (wëllcn). Dobäi sin d'Proffe ganz besonnesch virop, well si no der Reform vum Pierre Grégoire ganz legal manner wéi soss iirgendec Lëtzebuerger schaffe mussén...» — Et kënnt een elo mat guddem Gewëssen dogéint munnecht Argument bréngen — gët nüt émmer no méi Beamten a Leit fir en neie Staatsdénge geruff, vun de Leit? — mä loosse mer et derbäi loossen.

Dem A. Ries séng Konferenz iwwer «Eis Sprooch(en)» as déi, déi äis am meeschten intresséiert. Hien énnersicht am éischten Deel eist Sproochgesetz vum 24. Spiirkel (!), am zweten

Deel d'Lëtzebuerger Sprooch an (und) Europa, am drëtten Deel gin d'Kongkluisioune gezun. Et as fir do Rezensent nüt grad liicht fir kuurz zesummen ze faassen, wat do gesot gët. Am lësste géif en déi 30 Säiten hei bringen, well et würtlech derwäert an néideg wir, dat Ganzt an aller Rou ze lesen a sech Gedanken driwwer, derfir an dergéint, maachen ze können.

Fir d'éischt analyseiert en also d'Sproochgesetz vum 24.2.1984 a freeet sech, wat as d'National-sprooch, wéi et am éischten Artikel vum Gesetz heescht a wat domat geméngt as. Zitéiere mer S. 29, 1.1.3.: «Di schwéierst Fro vun dësem Artikel 1. awer as dat hei: wat fir eng Sprooch as dat eigentlech, dat Lëtzebuergescht do? as et déi vum Lëtzebuerger Diktiorär? déi vum RTL 92,5? déi aus der Chamber? déi vu Veinen oder déi vun Eechternooch? An déi vun Arel, Sankt Vith oder Béibreg? Mir hu bekanntlech keng Akademie déi géng festleën, a festschreiwen, wat Lëtzebuergescht as. — Doriwwer gët et kee Gesetz, kee Reglement, keng Tradition, ausser engem ministerielle Beschloss vum 10. Oktober 1975 iwvert d'offiziell Schreifweis. Mir wësse jhust, datt eis Sprooch vum Muselfränkeschen hirkënnt...»

...Dat eenzegt wat mir afällt, as déi ongchicr kulturell Entwécklung an dene leschte Jore vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vun eise Schréftsteller. An deem Ament, wou di meesch Speaker vu Radio Lëtzebuerg an di meesch Députéierte vum Krautmaart di Lëtzebuerger Sprooch regelrecht verhondsen, geléngt et enger Parti Autoren, ze beweisen, datt eis Sprooch nüt némme mëndlech, mä och schréftlech ze gebrauchen as... Dat eenzegt wat feelt, as datt déi Sprooch nüt esou an de Schoulen dozéiert gët, datt jiddfer Lëtzebuerger wéinstens esouvill Lëtzebuergesch liesen, schreiwen a schwätzen kann, wéi dat mam Franséischen a mam Däitschen de Fall as...»

E freeet sech dann: Wat as d'Gesetzsprooch? an hält fest, datt dat «franséisch» as, dat eenzeg an eleng zielt a mécht dozou séng Bemierkunge, wéini, wou a wann däitsch a lëtzebuergesch gebraucht kenne gin.

Den A. Ries betount dann, datt d'Groussherzogtum Lëtzebuerg zu de francophone Länner gehéiert, wann och de Lëtzebuerger selwer zwee oder dräisproocheg as, de Stat awer «unilingue francophone», wat e mat Bemierkunge stäipt.

«A wéi as et mam Däitschen, dat praktesch legal némmen um Pabeier steet», freeet en op Säit 37,

1.8.3. Mer lese: «Lëtzebuergescht — also eis Nationalsprooch — gët bal iwwerhaapt nüt offiziell geschriwwen, mä och dat geschwate Lëtzebuergescht geet quantitativ a qualitativ hammerzeg...»

Zitéiere mer nach (S. 39, 2.1. Artikel 217 FWG): «Och no dem Gesetz vum 24. Spürkel 1984 huet Lëtzebuerg nüt gefrot, datt séng National-sprooch misst offiziell Sprooch an der EG gin. Dat wir awer och allerhand vermessen, wann ee weess, wat se heiheim mat eiser National-sprooch maachen. Zu Brüssel géingen se sécher de Kapp réselen. Fir Europa as Lëtzebuerg ee rengt franséischsproocheg Land. Däitsch oder Lëtzebuergescht bestin nüt. Op den Dëscher an de Sitzungssäll steet iwwerall «Luxembourg» a kees «Luxemburg» oder «Lëtzebuerg»...

Hie kënnt dann op d'Direktiv iwwert d'Doktoren, d'Zänndokteren a Véidokteren wéi et du drëm gong, datt friem Dokteren zu Lëtzebuerg d'Recht kriten hei ze praktizíieren a gewollt gin as, datt déi missten esouvill Lëtzebuergescht verstoen, fir mat de Patienten an enger Sprooch schwätzen ze können déi si géife verstoen, wat den Artikel 20,3 vun der Direktiv awer nüt expressis verbis virgesait.

Loosse mer dann am Linn nach zitéieren, wat d'Sektioun iwwer d'Reform vun der Lëtzebuerger Verfassung (9) wëllt an den A. Ries een nielen Artikel virgeschloen huet, fir deen hie sech a Spuenien, an der Schwäiz an an Norwegen inspiréiert huet (Säit 48): «Artikel 29. – D'Lëtzebuergescht as de Lëtzebuerger hir Nationalsprooch. Jiddfer Lëtzebuerger muss séng Nationalsprooch kennen an huet d'Recht se ze gebrauchen. 2. Däitsch a Franséisch sin di Offiziell Sproochen. 3. Fir beim Staat ugestallt ze gin muss een Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergescht schwätzen a schreiwen. 4. D'Gesetz regelt all weider Eenzelheiten.»

«Duerch esou een Artikel an eiser Verfassung wir d'Sproochgesetz vum 24. Spürkel 1984 natürlech bifalleg. An d'Dir sténg op, fir eis kulturell Identität esouguer um europäische Geriicht duurchzesetzen.»

Mir widderhuelen, et wir gutt fir dem Adrien Ries séng Konferenz iwwer «Eis Sprooch(en)» hei ganz ze bréngen, well hien durcheweich den Nol op de berüümte Kapp geroden huet. Hie wollt provozéieren, hie wollt eng Diskussiouen, ouni Fanatissem, iwwer d'Würklechkeet vun eise(r) Sprooch(en).

h.r.

\* \* \*

Dem Pol Greisch séng Theater-Trilogie: *Äddi Charel; Besuch; E Stéck Streisel*, déi am Kapezinertheater gespillt si gin a ganz gutt gefall hun, sin an der Serie «Amphitheater», Nr 22/23 erauskomm. 200 Säiten. Präis 300 Frang. Editioun phi, Lechternach. Postscheck 67021-91.

\* \* \*

«*E klenget awer renjt Bichelchen*...» esou nennt de Josy Braun säi Band vu kuurze lyresche Gedichter a Biller, deen dëslescht (1992) énnert dem Titel *Flantermais géint der Owend* bei den Editions polyprint zu Esch-Uelzecht erauskoum. Dës «petits poèmes en prose», — oder a kuurze fräie Rhythmen, wann dör wëllt — «clec wäit ewech vu Gesellschaftskritik a Polemik, mä och gencce csou wäit vu Satir, vu Parodie a Sarkasmus», sot den Autor bei der Presentatioun. — Deemno en anere Josy Braun wéi d'Lieser en als engagierte Journalist oder och als Mann vum Cabaret, vum Theater oder als Balladeschreiwer kennen? Ech géing soen: jo an neen zegläich. Jo: en zitt sech hei op «déi einfach Saache vum Liewen, vun der Natur an dem Rhythmus vun denen zwee» zréck. Dat eleite sin dann och Grondgedanken an Haaptmotiver vum «klen-

gen» (awer liewesweiden a liewesëmsaassenden) a vum «rengen» (awer kompositoresch an thematesch duerchducchin) Zyklus vu lyreschen Texter (vum 1. Text: «Vu wou kënnt (d'Liewes-) Well» iwwert «D'Doudemass» bis zum leschte Bild vun der Baach, déi Äis brécht, déi dem Autor säi mënschlechen a litterarische Message bréngt, säi «Pabeierschëffelchen» an d'Welt vun dene mat eriwwer hëlt, déi no eis an duerch eis an d'Liewe kommen; wéi d'Liewe kënnt a vergeet an zréckkënnt;

— Erënnerong un d'Schoulzäit mat hirem Verlaangeren aus dem groen Alldag ouni Aussiicht ze kommen, mat de Schmuelberen an de Süden ze fléien...

— Ausspanen aus dem Zwouauerverkéier — dremen dovn, op der ncier Autobunn wäit iwwert d'Gewan sech ze verléieren...

— d'Äiszäit déi kënnt, awer (fir anerer?) nüt déi lescht as;

— Schrecklech Biller vu Kanner a Léift zu de Kanner, déi een ofdreift, a vu Kanner, dencen een d'Ireed um Spill hëlt; vu Spillsaachen, denen een d'Mamm (= d'Kand) ewechhëlt...

— Mammeléift; Elenggin; Elengsin; d'Illusiounen, déi vergin, wéi Ikarusflig, déi un de Vitrine



- vun New-Yorker Wolléckekrazer a Schürbeigin; a Biller, metaphorescher, Vergläicher, déi dacks erëmkommen; z.B. «d'Däischtert» (S. 34); — «am Eck schielt der Doud un engem Ee (S. 36) — «Nom Maart» ... as «Jidderee fir sech» (S. 38) — «bis déng Aen nöt méi matman» (S. 40) — «d'Hogåns (...) verschwannen hannert dem Bësch — Eng as vergiess» (S. 50) — (...) «déi gro Steng / behalen lo / d'Iwwerhand» — «Däischtert an Niwwel» (S. 54) — «d'Déift lauert» (S. 56) — «déng Zäit kënnt» (S. 60) — «däi leschte Stéck / viru schwaarze Fräck» (S. 62) — «Al gin / Al sin» (...) — ...«nët méi erféieren / wann d'Flantermais kommen (S. 66) — ...«mäi lescht Gedicht» (S. 68) — ...«ech halcn op / mat schreien» (S. 70)

Hannert dësem an aneren Abklacksbiller, dësen naturlyresch-impressionisteche Stëmmongssquenzen, déi awer d'meescht metaphoresch, symbolsesch Konnotationen erëmpigelen, fënt de Lieser dem Autor séng «mënschlech», eng vu parteipoliteschen oder programmatischen Iwwerleunge fräi oder erëm — déi soss (am Cabaret oder am Theaterstéck oder esouguer an der Ballad) vläicht e bësse méi verstopppt war — mee èmmer do. Et kënnnt dem Lyriker Josy Braun zwar nach e pucrmol vir, datt dës kuurz Lyrischen an e méi déck opgedroenen episécierenden (awer nëmme heiandso och moraliséierenden Toun) verfalen — ouni awer iwwerhaapt an en traditionnellt a guttgemengt Gepoters ze rutschen: duerch en éischter herb an ènnerdreibwend gebrauchte Sproochduktus, dee bal prosaesch wiirkt a vläits grad dosfir de Konträr vu kitscheg oder epigonal (nët méi Marcel Reuland oder Tit Schroeder, z.B. ...) op däi enger — oder «hyperpost-modern» op der ancr Sait as.

Dës Gedichter fannen hiren egenen Toun — och grad well se allgemeng mënschlech Lieweshannergrenn a Wieder faassen, nuancéiert, sensibel — «lyresch» eben!

Si sin an eiser Sprooch doheem, an hëllefchen och, eiser Sprooch en neit Doheem zc gin: och wann Dir se liest!

P.S.: D'Fotoën, d'Opmaachung: Format (d'Kartongsdeckele manner) hu mer gefall — mä si liewen awer éischter hir egen Ausso; — a sin éischter etlech mol (nët all) c bësschen zevill «besënnlech» oder ze «romantiseierend»; — si sin och

Biller — kënnen awer nëmmen selen déi sougenannt lyresch «Polyvalenz» (crlaabt mer fir eng Kéier d'Wuert!) vun engem poetesche Wuertbild erreechen!

— An näischtfir ongutt!

Gjpr

Präis 880 Frang. Postscheck (Jos Braun, Mamer) 32331-30. Och an de Bicherbuttecker Oplo 500 Stéck, 30 Fotoën.

\* \* \*

Iwwert d'Buch vum J.-M. Treinen: «Angscht virum groussen Tunn» an deer nächster Eis Sprooch», grad ewéi iwwer dat «Néirewoù» vum Alain Attén.

### Pierre Posing

## Sexothérapie

Eng Zigrett  
mat Lëppestëft.  
De Parfum heesch  
«Neuros».

Eng Emanz  
mat Cabrio.  
De Bypass as  
grandios.

Décke cool  
an tonnegäil.  
A banne leeft  
nët vill.

'D'éischt Make-up  
an da gelift.  
Mat siww'nzéng schon  
débil.

Eng déck Jeep  
mat Télé dran.  
Een Zil muss all  
Fra hun.

Ech si frou  
datt ech als Mann  
déi Problemer  
nët hun.

'ch war 'lo rëm  
zwéi Méint  
an d'Thailandstalt,  
mäi léiwe Jong!

Gil Mandy

## Och emol e Luef, mä... och e puer Datzen

No all dene selleche Kritiken a gutt Réit, déi mir bis elo schon un eis Medien, a speziell un den UKW, gericht hun an nach émmcr musse riichten, sief ower och emol hei eppes gelueft. An zwar den «Hei elei». Déi jonk Képpelchen, déi mir elo owcs gesin an héieren, déi gët sech drun e proppert Lëtzebuer-gesch ze schwätzen. An, den Näid muss hinnen et loossen, si maachen dat gutt, egal iwwer wat si eppes ze soen hun. Déi aner vun der Equipe, fir keen ze nennen oder ze vergiessen, iwregens och. E Bewäis, datt et geet, wann een némme wëllt. Bravo! As dat vläicht well mir si virun eis gesin? Well déi meesch vun denen aneren, déi mir némmen héieren ower nët gesin, déi fachen «nach wie vor» (jo! amplaz: haut ewéi gescht oder: emol wéi d'anert mol) dran an d'(Sprooche-) Bräischossel. Wat läit hinnen drun, wann se manifest sproochlech a grammatesch Feler maachen an (bal némmen) däitsch Wicrder an Ausdréck an eis Sprooch era schmugge-llen. Wann et och alt dacks der sin, fir sech krank zc laachen, esou bosseg sin se, da gët een dach meeschents queesch an et misst cen sech laudenhaart iergeren. Ech nennen duersir hei némmen e Grapp voll (et géif der c Sieschter) vun denen, déi mir apaart op de Mo schloen, jhust wéi se mir elo an de Kapp kommen. Vläicht liest deen een oder deen anere vun den haaptberufflechen oder ge-

lcëntlechen UKW-Spriecher et an dann hëlt en sech et eng Grimmelchen zu Hä Herz. D'Hoffnung soll ee jo ni opgin. Hei sin se:

En as ermord gin — en as crmuert gin  
de Mörder — de Mäerde  
en as flüchteg — en as duerch d'Bascht  
ëm Mëtternuecht — ëm Hallefnuecht  
en Onfall — en Akzident  
Baustell — Schantjen  
eng Sekund, zwou Sekunden — eng  
Sekonn, zwou Sekonnen  
e Rahmeprogramm — e Kaderprogramm  
am Rahmen — am Kader (well e «Rahm-en» as e Kader oder eng Rumm, a Rahm as Schmant)  
eng Gesetzvirlag — e Projet de loi,  
Gesetzprojet  
schnell — séier  
oft — dacks  
seit — zénter  
séier vill — ganz vill, villeg  
sëtzen a setzen — dat sin zwee verschidde  
Verben a Begrëffser  
en Unterschlupf (sic) — en Ënnerdaach  
Schmock — Bïjhüen  
geschmëckt — je nodeems: gerëscht,  
dekoréiert, mat Bïjhüe behaangen.

Mä elo hun ech besser opzehalen, well soss  
geet e Sieschter nët duer.

### De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch 1992/93

Präsident: Heng Rinnen, Bëschstrooss 32, L-1534 Lëtzebuerg, Tel.: 48 61 37

Vize-Präsident: Lex Roth, 32, Charles Quint-Strooss 32, L-2380 Lëtzebuerg, Tel.: 478-2180 (Büro) — Caissier: René Faber, Barríästrooss 14, L-1215 Lëtzebuerg, Tel.: 44 13 96 — Sekretär: Emil Steffen, Riedgenerstrooss 47, L-2432 Lëtzebuerg, Tel.: 48 64 68 — Sekretär-Adj.: Ernest Brachmond, Nic. Martha-Strooss 38, L-2133 Lëtzebuerg, Tel.: 48 36 27 — Mëmberen: Marcel Lamy, Kellerei-Strooss 18, L-6718 Gréiwemaacher, Tel.: 75 83 89 — Robert J. Philippart, Charles Arendt-Strooss 25, L-1134 Lëtzebuerg, Tel.: 44 49 29 — Arthur Reckinger, Boulevard Jules Salentiny 21, L-2511 Lëtzebuerg, Tel.: 43 84 53 — Robert Siuda, Boulevard Hubert Clement 14, L-4064 Esch-Uelzecht, Tel.: 55 12 37 — Tom Thies, Baachstrooss 14, L-3340 Hëncheréng, Tel.: 51 63 24 — Milly Thill, Antoine Jans-Strooss 1, L-1820 Lëtzebuerg, Tel.: 47 27 57 — Maisy Tockert, Cyprien Merjai-Strooss 45, L-2145 Lëtzebuerg, Tel.: 43 12 72

Saz an Droch: Dréckerei Kremer-Muller & Cie, L-3895 Féiz

# Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Mir kennen nach offréieren:

## Zäitschrëft «Eis Sprooch»

1-1972	30 F	(Facsimilié, Ricd vum C.M. Spoo 1896)
8-1977	70 F	19-1986 70 F 30-1990 120 F
9-1978	70 F	21-1987 70 F 31-1991 120 F
10-1979	70 F	22-1988 70 F 32-1991 120 F
11-1980	70 F	23-1988 70 F 33-1991 120 F
13-1981	70 F	24-1988 120 F 34-1992 120 F
14-1982	70 F	25-1989 120 F
15-1983	70 F	26-1989 120 F
16-1984	70 F	27-1989 120 F
17-1985	70 F	28-1990 120 F
18-1986	70 F	29-1990 120 F

Vereinsschreiweren  
zesummegestalt vum Marcel Lainy 300 F  
+ Porto 60 F

## Extra-Serie

No 1	De Rick, 2. Oplo, vum René Kartheiser	50 F
No 2	Ueter d'Jor, 2. komplétéiert Oplo vum Heng Rinnen	150 F
No 3	Stuelen (Modeller) 3. Oplo fir all festlech an aner Gclëngheten, eis Uertschaftsnimm, Menuën, d'Schreifweis asw.	90 F
No 6	Dem Prénz Muttwéll séng Rees an d'Märcheland e Märcchespill vum Edith Roeder mat der Musik vum Louis Beicht, an d'Létzebuergesch iwwersat vum Robert Siuda, Illustratioun vum Pe'l Schlechter	300 F
No 7	Kuurd Geschichten, Concours 1986	90 F
No 8	Klengeketen vum Robert Siuda	90 F
No 9	De Kapp an de Stären vum René Kartheiser, gebonnen	465 F
No 10	Kuerblummen um Lamperbierg gepléckt vum J.F. Gangler (1788-1856) mat der Schreifweis vun haut vum Tun Gonner	90 F
No 11	Létzebuergesch- Franséischen Dictionnaire (M. Th. Kroemmer)	100 F
No 12	Radiospiller (Concours 1989) vum Jhemp Hoscheit	60 F
No 13	Mat Laachen a Kráschen vum Tony Bastian	150 F
No 14	De gaunze Wee vum Tit Schroeder	360 F

D'Léierche (dem Léieckerche sái Lidd)  
M. Rodange, Facsimilé an Transcritioun (1973) 500 F

D'Buch fir Létzebuergesch-Courcen:  
Kommt mir léiere Létzebuergesch 500 F  
(létzebuergesch-franséisch) 1 Porto 80 F

D'Iwersetzung vum létz. Text vum Buch op däitsch,  
englisch oder portugisesch all Kíer 150 F

Déi 3 Cassetten, déi bei dést Buch gehéieren 945 F  
(Et kann een d'Buch oder d'Cassettten och eleng kafen.)

D'Spécial vun der A.L. 50 F

D'Bronze Plaque 1.250 F  
vum Dicks - Rodange - Lentz + Porto 100 F

## Eis Gleckwonsch- a Neijooschkaarten

### Neijooschkaarte mat Text

1014 Greinskappel	1034 Huelmes
1044 d'Schibbreg	1144 Siweburen
1214 Réimech	1224 Mënsbech
1234 Ichternach	1244 Clausen

### Kaarten mat oder ouni Text

1334 Zolwerkapp	1344 Schläifmillen
1514 Méchelsküreh	1524 Branebuerg
1534 Déiffdang	1544 Réimmeleg
1614 de Mëllerdall	1624 Ichternach
1634 de Pafendall	1644 d'Fiels

1990/91 Zeechnungen aus dem Buch «Le Luxembourg dans les gravures du 19e siècle», vum François Ewen

1714 Fisch-Sauer 1724 Veianen

1734 Ansburg 1744 de Gronn

1991/92 Zeechnungen aus «Le Luxembourg illustré et commenté dans les périodiques étrangers», Fr. Ewen / J. Welter

1814 Huelmes 1824 Klierf  
1834 Veianen 1844 Létzebuerg

De Präis vun de Kaarten as 15 F d'Stück

Bei 100 Kaarte kritt ee se fir 11 F d'Stück

Porto fir Kaarten hei am Land

1 Serie (4 Kaarten) 25 F

3 Serie (12 Kaarten) 40 F

doriwwer 60 F

fir Europa 30,- / 60,- / 90,-

fir Iwwerséi 70,- / 155,- / 230,-

### Gleckwonschkaarten (ouni Text)

1991/92 Modern Molerei vun der Madame Lou Kreintz  
612 an 622 Tableau (faarweg) 30 F d'Stück

### Gleckwonschkaarten fir Hochzäit oder Gebuurt

Zeechnung vum O. Nalezinck

4 verschidde Kaarten 15 F d'Stück

D'Präisser déi mir ugin, si fir Membren.

Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Membren, déi am

grousse kafen, kenne Rabatt kréien.

Bestelle kann een duurch Iwwerweisungen op ee vun eise

Konten: Postscheck 6644-48

Spuerkcess 1000/7250-4 — BIL 4-100/9748

Schriift w.e.g. op Äre Virement/Versement genee, wat Dir  
wéllt, an och d'komplett Adress.

All Informatiounen kënnt Dir um Téléfon 47 06 12

(Antwertapparat). Wa keen am Büro as, da sot w.e.g.

Är 'Téléfonsnummér, mir ruffen Ich dann erém.

Bestelle kënnt Dir och schréftlech un eis Adress:


Actionen Létzebuergesch

Postkësch 98 L-2010 Létzebuerg

Porto fir Buch/Zäitschrëft fir Létzebuerg (wann nüt extra  
vermicikt): 40 F. — Fir d'Ausland a bei méi grousse  
Commanden rüchte mir eis nom Posttarif.

Et kann een natürlech och séng Bestellung an eisern Büro  
op Nummer 21 am Bréckwee an der Stad ewechhuelen.  
Am beschte freet een dosir e Rendez-vous.

ÄRE PARTNER



an alle Finanzfroen



**SPUERKEESS**

ISBN 2-87989-000-4